



Thema méi däerf sinn. A wichteg ass et awer och, dass mer d'Ursaache vum Lounënnerscheed méi genee erfuerschen. Wichteg ass et, dass mer weiderfueren, Informatiouns- an Opklärungsaarbecht bei allen Acteuren ze maa-chen.

A wichteg ass et schlussendlech och, dass mer parallell op aneren Dossieren, déi direkt domadder verbonne sinn, och weiderschaffen. Ech denken do un d'Beruffswiel, wou et schonn ugeet, a wéi eng Richtung ee sech wëllt orientéieren. Dann d'Conciliatioun vu Vie familiale - Vie professionnelle, de Rôle vun de Pappen, an dann, an eiser Gesellschaft, deen néidege Mentalitéitswiessel.

Fir op dem Här Bauler seng Fro anzegoen - ech hunn dat elo nogefrot: Dir wollt wëssen, wéi vill Fraen an de Verwaltungsréit vun den Établissements publics wäeren. Dat si 15,63%. De Privatsecteur, deen ass de CEPS amgaangen de Moment ze ënnersichen. Dat heescht, do hunn ech elo nach keng Chifferen, dat kann ech lech nach net soen. Mä soubal mer dat hunn, sinn ech awer gär bereet, lech dat...

(Interruption)

15,63%. Neen, et ass nach net, fir sech ze bretzen! Do ginn ech lech Recht.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Sidd Der amgaangen, dat ze änneren?

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch, Ministre de l'Égalité des chances.**- Mir sinn amgaangen, drun ze schaffen. Mir maachen iwwregens och - wann dat lech interesséiert - „Actions positives“ beim Stat. Do hu mer eng ganz Rei Verwaltungen, déi sech gemellt hunn, ënner ane-rem de Statec, d'Uni Lëtzebuerg, d'ADEM. Ech denken, wa mer do dann esou Saache feststel-len, da kann een dann do och an déi dote Rich-tung goen.

Ech géif elo dem Här Schmit - dee steet scho prett hei, deen och vu sengem Point de vue aus dee Sujet hei bestëmmt nach ka compléetieren - dann d'lescht Wuert weiderginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Gläichstellungsministesch. An elo kritt nach d'Wuert den Aarbechtsminister.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Wéi vill Zäit hunn ech nach?

► **M. le Président.**- Ma Dir hutt, wann Der elo direkt ufänkt, nach gutt dräi Minutten.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Bon, da maache mer dat am Eilverfahren. Ech mengen, elo ex-perimentéieren ech dat emol.

Här President, ech mengen, et ass scho gesot ginn, de Statec a senger leschter Analys - dee jo zur Konklusioun kënn, dat mer en Écart hu vun 12,5%, dat heescht, besser wéi d'Moyenne communautaire, déi bei 17% läit -, mécht en direkte Lien tëschent Ségrégation profession-nelle an Écart salarial.

Dat heescht, et mierkt een, do wou Fraen an der Minoritéit sinn oder an der Majoritéit, do ass den Écart salarial och deementspriedend grouss. Wou ass en am gréissten? En ass ei-gentlech am gréissten an deenen héijeren Eta-gen. Do läit e bei 20%. Dat heescht, an de Füh-rungsgremië vun den Entreprises, wou re-lativ weineg Frae sinn, do ass den Écart am gréissten.

Wat kann ee maachen? Ech mengen, et kann een natierlech iwwer Gesetzer probéieren, dat dote riichtzebéien, an et muss een och de Maximum iwwer Gesetzer maachen. Mä ech zitéieren nach eemol ee vu menge Lieblings-sätz vun dem Soziolog Crozier, dee sot: «On ne change pas une société par décret.» En tout cas géif ech soen: «On ne la change pas unique-ment par décret.»

Et ass gesot ginn, mir brauche Sensibilisatioun, mir brauchen e gewëssenen Drock och vun de Sozialpartner am sozialen Dialog, fir déi Gewunnechten do ze änneren, well et ass na-tierlech och ganz einfach un de Strukturen, wou villes hält. Wann d'Frae majoritär am Par-tiel schaffen, dann ass et ganz kloer, dat fir déi nämlecht Aarbecht ganz oft d'Fraen net genau deen nämlechte Salaire kréien. Dat läit och an enger Struktur, an déi läit natierlech och an der Gesellschaft, wat de Rôle vun de Fraen an der Gesellschaft awer nach ëmmer ubelaangt. An op deem Terrain muss mer schaffen, fir datt och an de Betriber an op der Aarbechtsplaz munches geännert gëtt.

Wat këne mer legal maachen? Ech mengen, d'Inspection du Travail et des Mines huet e Rôle. Mä wéi vill Plaintë kritt se da weinst on-gläicher Bezuelung? Null kritt se. Null! Dat heescht, mir hunn en Help Center an der ITM

ageriicht, wou jiddweree ka Froe stellen respek-tiv jiddwereen och ka Plainten areechen iwwert deen dote Wee. Wéi vill Plaintë sinn erakomm fir déi dote Fro? Null. Mir hunn ee Betrib analy-séiert, wou gemengt ginn ass effektiv, datt eng Ongläichheet do wier. Dat ass och gekläert gi mat deem Betrib.

Mä mir gesinn also: Sanktiounen, déi sinn esou schwach ëmmer nëmmen oder esou staark ëmmer nëmmen, wéi een natierlech och d'Leit motivéiert, eventuell eng Plainte anzereechen. Do ass also eng vun deene Schwaachstellen, wann een nëmmen iwwer gesetzlech Texter fiert. Well gesetzlech Texter ass eng Saach, se utiliséieren, drop zrëckgräifen, Plainten aree-chen, oft och dem Drock entgoen, fir ze soen, ech fille mech hei benodelegt an ech maa-chen déi Plainte, dat ass natierlech en anere Problem.

Mä trotz allem solle mer d'ITM weider stäerken. Mir sinn amgaang, esou e Service de médiation informelle an d'Plaz ze setzen, wou d'Leit kënnen op eng diskret Aart a Weis hir Pro-blemer duerleeën, wann et ëm déi dote Saache geet; wou dann och kann nogefueuscht ginn, ob se effektiv Victime vun esou enger Ongläich-heet sinn.

D'Pist vun den Amendes administratives ass d'lescht Kéier ugeschwat ginn, mä dat hänt natierlech ëmmer erëm mat der Plainte ze-summen. Wa keng Plainte do ass, kann et keng Amende ginn.

Wat mer onbedéngt wëlle maachen, dat ass, d'Moyenen, d'Rechter, d'Positioun vum Délé-gué à l'égalité verstäerken. Dat soll an deem Gesetz iwwert d'Reform vun den Delegatioune kommen. Do soll den Délégué à l'égalité méi Méiglechkeete kréien, fir besonnesch deen do-ten Terrain ze kontrolléieren an och Initiative kënnen ze huelen, wann e feststellt, datt Inéga-litéite sinn.

Iwwert den Taux d'emploi wëll ech nëmme just soen: Natierlech muss mer méi Fraen op den Aarbechtsmaart kréien. Natierlech! Mir hunn ons d'ailleurs dozou engagéiert: Wa mer soen, 73% Taux d'emploi, dann heescht dat, méi Fraen op den Aarbechtsmaart. Well d'Frae sinn onsen haaptsächleche Réservoir, dee mer hunn, fir op den Aarbechtsmaart ze bréngen, d'autant plus, datt d'Frae ganz oft besser forméiert si wéi d'Männer.

Mir müssen natierlech och déi Segregatioune briechen iwwer „Job Days“ oder „Girls and Boys Days“, wou probéiert gëtt, och do méi Gläichheet eranzebréngen. Sécher: Garderie, Kannerbetreiuung flächendeckend, iwwert déi normal Zäiten eraus, fir déi Beruffer, wou oft vill Fraen dra schaffen. Dat ass kruzial! Et ass kru-zial, fir de Fraen eng normal Carrière ze garan-téieren. Et ass natierlech och kruzial fir e gewës-sen Traitement vun de Kanner, fir d'Gläichheet och fir d'Kanner, d'Égalité des chances ze ver-besseren.

Mä d'Horairen an de Crèchè sinn oft e Pro-blem. Mir gesinn dat jo, zum Beispill, wa mer soen, an der Geschäftswelt sollen d'Butteker méi laang opmaachen. Dat ass eng schéin In-tentioun. Mä wie schafft am Commerce? Haaptsächlech Fraen. Wien huet d'Problemer vun der Garde des enfants? Natierlech ganz oft d'Fraen, besonnesch déi Fraen, déi eleng stinn. An do kommen dann eng ganz Rei Problemer zesummen, an déi muss mer ugoen.


Wéi och dee ganze Volet, deen och vun der Madame Minister ugeschwat ginn ass: Vie pro-fessionnelle - Vie privée. Mir haten déi Fro elo, déi d'Madame Loschetter gestallt huet, iwwert de Congé de maternité. Ech mengen, do muss mer aus deenen Normen erauskommen a mir müssen eng gewësse Gläichheet do kreéieren tëschent Mann a Fra.

An ech kommen nach eemol drop zeréck: Wann d'Madame Presidentin vum Medef schonn eng Iddi lancéiert, datt et soll e Congé paternité ginn, firwat soll een net op déi Pist goen an och an deem Sënn an de Betriber eng gewësse Gläichheet preparéieren. Nëmmen esou, progressiv, iwwert d'Sensibiliséierung brénge mer et fäerdeg, déi skandaléis On-gläichheet vum Loun fir déi nämlecht Aarbecht ze brieche an esou schnell wéi méiglech ze re-duzéieren op Null.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Aar-bechtsminister. Domadder wär dese Punkt of-geschloss, a mir sinn dann och um Enn vun ei-ser Sitzung ukomm. D'Chamber kënn muer ëm hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 17.52 heures)



Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

- 6202 - Projet de loi relative à la construction de la Maison du Nombre, de la Maison des Arts et des Étudiants, du Centre de calculs et de la première unité de production de froid à Belval,
6255 - Projet de loi relative à la construction de la Maison du Livre à Belval,
6256 - Projet de loi relative à la réalisation des aménagements urbains et à la création d'espaces de parcage dans la Cité des Sciences à Belval
et
6260 - Projet de loi relatif à la construction de la Maison de l'Innovation à Belval
- Rapports de la Commission du Développement durable: M. Lucien Clement
- Discussion générale: M. Marc Spautz, M. Eugène Berger (dépôt d'une motion), M. Roger Negri (remplaçant Mme Lydia Mutsch), M. Jean Huss, M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann
- M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- Votes sur les projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel

- Motion 1: M. Ben Fayot, M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)
- 2. Question avec débat n°17 de M. André Bauler sur le logement encadré pour personnes âgées
- M. André Bauler - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration - M. André Bauler - Mme Marie-Josée Jacobs
- 3. Motion de M. Félix Braz relative au projet de loi n°6261 modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement
- Exposé: M. Félix Braz
- Discussion générale: Mme Nancy Arendt, M. Xavier Bettel, M. Marc Angel, M. Fernand Kartheiser, M. André Hoffmann
- Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire
- Vote sur la motion (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs et M. Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg hu mer véier Projeten iwwer Belval, d'Projets de loi 6202, 6255, 6256 an

6260, déi mer zesummen an enger Diskussioun behandelé wäerten. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo age-schriwwen: déi Häre Spautz a Berger, d'Madame Mutsch, den Här Huss, den Här Gibéryen an den Här Hoffmann. An...

(Interruption)

Dat kucke mer emol, wann Der bis hei sidd, Här Hoffmann.

(Brouhaha général)

► **Une voix.**- Ech ënnerstëtzen den Här Hoffmann.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- D'Spillregele mussen virdu fixéiert ginn, Här President, net während dem Spill!

(Interruption)

► **M. le Président.**- D'Wuert huet elo emol de Rapporteur vun dese véier Projeten, den ho-

norabelen Här Lucien Clement. Deen ass mat zwielef Minutten ageschriwwen. Här Hoffmann, huelt lech e Beispill.

(Brouhaha)



1. 6202 - Projet de loi relative à la construction de la Maison du Nombre, de la Maison des Arts et des Étudiants, du Centre de calculs et de la première unité de production de froid à Belval

6255 - Projet de loi relative à la construction de la Maison du Livre à Belval

6256 - Projet de loi relative à la réalisation des aménagements urbains et à la création d'espaces de parcade dans la Cité des Sciences à Belval

6260 - Projet de loi relatif à la construction de la Maison de l'Innovation à Belval

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an elei déi nächst, kann ech bal soen, well et si jo bää Wäitem net déi éischt Projeten, déi de Site Belval betreffen, an et wäerte mat Sécherheet och net déi lescht sinn, iwwert déi mer heibannen diskutéieren an och ofstëmme wäerten.

Ze soen ass, datt et sech elei, wéi de President elo grad gesot huet, gläich ëm véier Projets de loi handelt. Zu e puer méi allgemengen a méi globalen Iwwerleeungen iwwert d'Entwécklung vum Site selwer, iwwert d'Konzept vum Projet Belval wäert herno mäi Fraktiounskolleeg, de Marc Spautz, Stellung huelen.

E Wuert nach zur Prozedur. Well déi véier virleidend Projeten alleguete mam Site Belval enk verknäppt sinn a well se alle véier méi oder wéiniger nom nämlechte Schema opgebaut sinn, huet d'Conférence des Présidents décidéiert, fir se alle véier mateneen heibannen ze diskutéieren. Eng Décisioun, déi, denken ech, och richteg war an déi ech dann och ka voll ënnerstëtzen.

Duerfir ginn ech dann och direkt ganz „kurz und bündig“, wéi se déi Säit der Musel géife soen, op déi véier Gesetzesprojeten an, ëm déi et haut geet. Ech wäert een no deem aneren traitéieren, dat Ganzt wéi gesot awer an enger Kéier.

Déi üblech Antécédenten, déi sech an deene véier Projete gläichen, spueren ech lech, an ech spuer mir se och. Ech wëll just betounen, datt mir dës Projeten all a ganz kuerzer Zäit an och ouni weider Problemer duerch déi parlamentaresch Prozedur kritt hunn. Dat ass och wichteg, fir datt dës Bauprojeten esou séier wéi nëmme méiglech kënnen entaméiert ginn an deemno och da virukomme sollen.

Alle véier Projete sinn Deel vun der sougenannter Cité des Sciences fir d'Besoinen vun der Uni, déi, wéi mer all wëssen, op deenen ale Frichen zu Esch/Belval gebaut gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am éischte Projet geet et ëm de Bau vun der Maison du Nombre, der Maison des Arts et des Étudiants, dem Centre de calculs an der éischter Produktionsunitéit vun der Unité de production de froid.

Awer elo eent nom aneren: Den Numm Maison du Nombre léisst jo schonn drop schléissen, wat déi künfteg Bestëmmunge vun dësem Gebai wäerte sinn. Wëssenschaftlech gesi gëtt elei Recherche gemaach; et gëtt awer och ënnerriicht, an zwar an dräi Zyklen: Bachelor, Master an Doktorat. Wat d'Organisatioun ugeet, ënnerscheede mir elei an dësem Projet tëschent siwen Zonen: der Entréeshal, der Logistik, der Administratioun, de Büroen, dem Beräich vun der Technik an der Recherche an dem Enseignement, dem Rechenzentrum an der Centrale de production de froid.

Architekturesch gesinn ass d'Maison du Nombre am Geescht vun der Nohaltegkeet gebaut ginn. Et ass eng relativ simpel Architektur, e kompakte Volume, virun allem e fonctionnelt Gebai mat niddregen Entretien- an Exploitationskäschten, ouni awer de Confort vun de Benotzer ze vernoléisegen.

D'Centrale de production de froid ass Deel vum Energiekonzept vum Site selwer, gradesou wéi doranner och d'TGV-Zentral vu Raemerech eng Roll spillt. Fir den Detail vum Energiekonzept verweisen ech op déi verschidde parlamentaresch Dokumenter.

Här President, e weidere Bau an dësem Projet ass d'Maison des Arts et des Étudiants, an där

een eng grouss Salle polyvalente fanne kann. Des Weidere gëtt et an dësem Bau déi sougenannte Salles pédagogiques fir Ateliersen oder Seminaren an awer och e Clubraum fir d'Studenten, an och sinn an dësem Gebai Geschäfte virgesinn. Dat ganz Konzept vun dësem Haus ass ronderëm dee groussen Hall polyvalent opgebaut. Dee ganzen Ensemblen vun deene Gebaier, déi ech elo grad opgezielt a virgestallt hunn, gëtt um nördlechen Deel vun der Héichuewenterrass ugesiedelt.

Ofschléissend wëll ech awer och nach soen, wat dat Ganzt elo kaschte wäert. D'Maison du Nombre: 52 Milliounen Euro. D'Maison des Arts et des Étudiants: 16,4 Milliounen Euro. D'Centrale de production de froid: 14,6 Milliounen. Zesumme mécht dat fir deen éischte Projet 83 Milliounen Euro. Sou vill zum éischte Projet, deen d'Nummer 6202 dréit.

Ech kommen elo zum zweete Projet, dem Projet de loi 6255 iwwert de Bau vun der Maison du Livre op Belval. Dëse wichtige Bau fir déi zukünfteg Uni kënnt op d'Südtérrass stoen. D'Unisbibliothék gëtt an déi al Möllerei integreiert an ass Deel vum sougenannte Pôle socioculturel vum Site, op där enger Säit d'Place Agora an op där anerer Säit d'Place des Hauts-Fourneaux. D'Möllerei gëtt an zwee Deeler opgespléckt: Deen ee fir d'Maison du Livre, deen aneren ass fir deen zukünftigen CNCI. Dësen Deel, deen dem CNCI virbehalen ass, gëtt allerdéngs fir de Moment just esou erhalten, wéi en elo ass, bis dat definitiivt Konzept vum CNCI steet.

Wat elo d'Bibliothék selwer ugeet, sollen déi Kollektiounen, déi do ugebuede ginn, enger-säits souwuel de Besoinen vun der Dokumentatioun vun deene verschiddene Fakultéite Rechnung droen an anersäits sämtlechen Aktivitéiten vum Enseignement an der Recherche. D'Bibliothék gëtt als ganz villsäiteg Plaz beschriwwen, op där gefuerscht, geschafft, geleiert, mä virun allen Déngeer och gelieft gëtt. Et soll e ganz fonctionnelt Gebai si souwuel fir déi Leit, déi do schaffen, wéi och fir déi jéineg, déi se benotze sollen.

Et sief awer och nach ënnerstrach, datt d'Maison du Livre fir all Mënsch zougänglich ass, och wann een net méi Student ass. Si wäert deemno fir de grouse Public op sinn. Jiddweree kann elei gratis op déi verschidde Kollektiounen a Servicer zrëckgräifen. Wat d'Gestioun ugeet, sou ass eng Zentralisatioun vun de Prêt virgesinn iwwer e Katalog mat der Nationalbibliothék zesummen.

A puncto Energiekonzept soll nach gesot sinn, datt dat Gebai eng ganz performant thermesch Isolatioun kréie soll an och soss de moderne Besoinen a Standarde gerecht gi wäert. Dëse wichtige Projet dréit d'Nummer 6255, wéi ech schonn aganks gesot hunn, a kascht 59,5 Milliounen Euro. Verbrauch an Entretien beläuft sech op ronn 1,1 Millioun Euro, an dat pro Joer.

Här President, elo zum drëtten Projet, deem vun den Aussenaménagementen an der Parkanlage vun der Cité des Sciences. Déi ganz Cité besteet aus 21 verschiddene Gebaier, déi vu verschiddenen Architekten entworf gi sinn, an dat am Kader vun deem Gesamtkonzept. Duerfir sinn dës Aussenanlagen e wichtige Facteur, fir déi eenzel Gebaier zesummenzeféieren, fir dann och e stëmmege Gesamtbild ofzeginn. Si maachen de Lien tëschent de Gebaier. Konkret geet et heibäi ëm Buedembelägg, ëm Belichtung, ëm Basengen, ëm Wantergärt an esou weider.

Des Weidere gesäit dëse Projet souwuel de Bau vun engem ënnerierdesche Parking wéi vun deem Parking dobause vir. Wat d'Mobilitéitskonzept ugeet, sou ass fir de Site Belval e „modal split“ vu 40/60 fir d'Personal vun der Uni virgesinn an ee vun 80/20 fir d'Studenten. An enger éischter Phas dréit et sech elei ëm 2.500 Parkplazen.

Déi Waasserbasengen, déi de Projet virgesäit, hunn net just en esthetesche Grond, mä si fänke Reewaasser op, wat dann an deenen ale Waasserbasenge stockéiert gëtt. Eleibäi ass ze soen, datt d'Waasser mat Turbinnen, déi mat Wandkraaft ugedriwwen ginn, an déi al Waasserbasengen eropgepompelt gëtt.

D'Suen, déi fir dëse Projet, deen dann d'Nummer 6256 dréit, virgesi sinn, beläuft sech op 58 Milliounen Euro. Den Entretien a Verbrauch gëtt op 382.000 Euro pro Joer geschätzt.

Ech kommen elo zum deem leschte vun deene véier Projete vun haut, deem vun der Maison de l'Innovation. Dëse Projet dréit d'Nummer 6260. An dësem Gebai si verschidden Departementer an Unitéite vum Centre de recherche public Henri Tudor an der Uni Lëtzebuerg regroupéiert, woubäi den CRP-Tudor den Hauptbenotzer vum Gebai wäert ginn. Den CRP huet zirka 524 Mataarbechter an d'Halschent vun deene schafft net am John-F.-Kennedy-Gebai um Kierchbiere, mä an anere Lokalitéiten uech-

tert d'Land. Dës 250 Leit ginn elo an der Maison de l'Innovation ënnerbruecht.

D'Uni-Servicer, déi dohinner kommen, sinn de Luxembourg Centre for Systems Biomedicine, d'Faculté des Sciences an Informatesch a logistesche Servicer. Insgesamt sinn dat ronn 100 Leit. D'Gebai kritt circa 15.000 m² an huet eng rechteckeg Form vun 53x43 m. Vum Energiekonzept hier gëtt et natierlech och de modernen Ufuerderungen an den heitege Standarde gerecht.

Den Total vun den Ausgabe beleeft sech op 36,7 Milliounen Euro. Den Ennerhalt vun dësem Gebai soll 671.300 Euro kaschten.

De Conseil d'État huet fir déi véier Projete säin Accord ginn. E puer redaktionell Ännerunge säitens dem Conseil d'État souwuel bei den Intitulé wéi bei den eenzelnen Artikelen hu mir als Kommissioun och iwwerholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt, och wann ech elei bal a Rekordzäit dës véier Projete virgestallt hunn, sou wëllt dat awer net heeschen, datt et keng wichteg Projete wieren. Eleng schonn de finanzielle Volet mat engem Total vun 237,2 Milliounen Euro léisst sech weisen.

Dat ass Geld, Här President, ganz vill Geld. Mä ech denken awer, datt dës Suen an d'Zukunft vum Land an an d'Chancé vun eiser Jugend gutt investéiert ginn.

► **Une voix.**- Ech menge jo!

► **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Wien A seet, muss och B soen. A mir hunn heibannen A gesot zur Uni Lëtzebuerg a mir hunn A gesot zum Site Belval. D'Kommissioun huet déi véier Rapporten op Belval selwer diskutéiert an och eestëmmege uegholl.

Ech hunn am Verlaf vun dësen Diskussiounen deene Responsabele vum Ministère an dem Fong Belval d'Fro gestallt, wéi vill Lëtzebuerger Betriber dann elei um Site géife schaffen. Ech krut d'Äntwert net direkt, mä ech krut se schrëftlech nogeliwwert, an hei ass se. Ech zitieren och aus der Äntwert: «Je peux vous informer que 85% des adjudications ont été liquidées à des soumissionnaires luxembourgeois, ce qui équivaut à partir de 2002 à environ 216,5 millions d'euros liquidés. Cependant nous pouvons aussi vous informer concernant les adjudications attribuées à des soumissionnaires étrangers pour un montant de 39,7 millions d'euros, soit un total de 256,2 millions d'euros.» Signé: Germain Dondelinger, Président.

Ech wëll vun dëser Plaz aus dem Här Dondelinger Merci soe fir déi prompt an och korrekt Äntwert.

Ech kann als Rapporteur all déi Leit, déi sech Gedanken maachen iwwert d'Zukunft vum Lëtzebuerger Handwerk an iwwert d'Zukunft vun eise Betriber elei zu Lëtzebuerg, denken ech, mat dëser Äntwert zefridde stellen. Ech denken, datt heimadder verschidde Craintin, datt d'Lëtzebuerger Betriber elei op Belval bei der Vergab vun de Projeten an der zweeter Rei géife stoen, konnten aus dem Wee geraumt ginn.

Här President, wéi schonn ufanks gesot, wäert de Kolleg Marc Spautz am Numm vun der CSV elo gläich nach op e puer méi spezifesch Aspekter vu Belval agoen.

Sou vill vu mir als Rapporteur. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a wënsche mer, datt déi véier Projeten eng grouss Zoustëmmung heibannen an der Chamber fanne wäerten.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Lucien Clement. An als éischte Riedner ass den Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, et ass elo eng grouss Begeeschterung, wann et ëm de Projet Belval geet. Wann een dann awer den Historique mécht a verschidde Saache kucke geet... De Lucien Clement als Rapporteur, deem ech wëll Merci soen, huet gesot, mir investéieren haut 237,2 Milliounen op Belval. Et sinn insgesamt 21 Projeten. En Deel hu mer scho gestëmmt. E weideren Deel wäert an deenen nächste Wochen, Méint a Joren nach op eis zoukommen.

Wann ee sech dann awer e bëssen domat beschäftegt an et geet een e bëssen an d'Geschicht vun där Entwécklung vu Belval...; a wann ech dat soen, mengen ech net 1910, wéi Belval als Schmelz gegrennt ginn ass, mä esou 1990, wéi déi Diskussiounen ëm Belval an d'Zukunft vu Belval lassgaange sinn.

1990, wéi deemools nach d'ARBED d'Entscheidung geholl huet, opzehale mat der Héichuewefilière, huet natierlech och d'Fro sech ge-

stallt: Wat geschitt mat deem Site? Dat war jo e gigantesche Site op Belval. An 1992 huet d'Tripartite décidéiert, e GIE anzusetzen, fir ze kucken, wat een op deem Site kéint maachen a wat een och kéint maache fir Aarbechtsplazen, a wat een awer och kéint maache fir Esch a Bieles oder d'Gemeng Suessem, déi zwou Uertschaften, wou d'Schmelz just dozwësche läit, fir deen Terrain awer och kënnen ze benotzen.

Am Juli 1997 huet den deemolegen Innenminister, de Michel Wolter, déi éischt Sitzungen aberuff mat de Forces vives vun der Natioun am Süde vum Land, an der Kulturfabrik, fir ze kucken, wat sech do alles kéint maachen. An 1999 war am Koalitionsaccord tëschent der CSV an der DP festgehalen ginn, dass eppes op deenen Industriebrooche misst investéiert ginn, an dat fir d'Zukunft vum Land.

Ech hu mer awer och erlaabt, do verschidde Kommissionsrapporten an Artikele vun där Entwécklung erauszehuelen, wou déi komeschst Saachen drastinn. Sou ass sech opgereet ginn an der Kommissioun Intérieur, Économie an Travaux publics am Joer 2000 - dat war eng gemeinsam Sitzung -, firwat de Fonds Belval aneschtens géif behandelt gi wéi de Fonds Kierchbiere, firwat am Fonds Belval all Projet misst eenzel gestëmmt ginn, deen herno dohinner kéim, a beim Kierchbiere net.

Et ass sech d'Fro gestallt ginn iwwert d'Transparenz vun deene jeeweilege Projeten, déi do géife virgestallt ginn, wien déi elo géif maachen, ob dat Agora wier, ob dat de Fonds Belval wier, ob dat Privatinvestisseure wieren.

Et fënnt een eraus an den Debatte vun 2002, wou heibannen de Masterplang gestëmmt ginn ass, dass Leit sech opregen, dat do wier e Faass ouni Buedem. Haut - wann ech de Lucien Clement verstanen hunn, a well ech och an där Kommissioun sinn - sinn d'Rapporten unanime uegholl ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Sou dass da musse verschidde Leit sech d'Fro stellen, firwat se dann deemools vum Faass ouni Buedem geschwat hunn?

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, mir sinn elo alleguete frou, dass déi Projeten op Belval kommen.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här Spautz, därf ech eng Fro stellen?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Dir därft eng Fro stellen, Här Hoffmann.

► **M. le Président.**- Här Hoffmann, da stellt dem Här Spautz d'Fro.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Et wär jo interessant ze wëssen, wien dat dann deemools gewiescht wär, deen esou Bedenke gehat hätt par rapport zu...

(Interruption)

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Et ware Leit vun der CSV!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, Här Gira, et ware keng Leit vun der CSV.

► **Une voix.**- Da lauschtert elo emol!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Hei steet en Numm: Robert Garcia. Hei war emol ee Robert Garcia, dee geschwat huet.

(Interruption)

► **M. le Président.**- Hei, den Här Spautz äntwert elo op d'Fro vum Här Hoffmann.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Wann Der mer d'Fro stellt: Et war en Här Robert Garcia, dee geschwat huet. Et war e gewëssenen Här Aly Jaerling,...

(Interruption)

Et war e gewëssenen Här Alex Bodry.

► **Une voix.**- Aha!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Et war e gewëssene Camille Gira.

► **Une voix.**- Oh, allez! Allen zweel!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Hei sinn d'Ënnerschrëften nach.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dir kënnt et net gewiescht sinn, well Dir waart deemools nach net hei.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech war nach net hei. Dir hutt Recht, Här Bausch, well hei sinn d'Ënnerschrëfte vun deene Leit deemools um Procès-verbal vun 2000, déi déi Froen - an déi kritesch Froen - gestallt hunn.

► **Une voix.**- Kritesch Froe sinn ëmmer gutt!

(Interruptions)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech kann lech herno de Rapport gäre ginn.



Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, da sinn der och nach derbäi, Här Hoffmann, awer och, fir lech ze soen, am Escher Gemengerot - do stoung am Gemengerotsbericht vun Esch vum 26. Oktober 2002 -, do sinn och Leit, déi sech ganz kritesch Froe gestallt hunn, ob dat iwverhaapt an der Rei wier, esou an e Faass ze investéieren.

Ech muss awer och soen, et waren awer och Leit, déi ganz positiv driwwer geschwat hunn, an ob do net géif vu Sprengkommandoe geschwat ginn. Dat war och nach am Kader, wéi...

(*Interruption et hilarité*)

Här Braz, wann dat...

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Ech ka mech erënneren, dass d'Madame Frank gesot hätt, fir d'Heichiewen ofzerappen.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, dat war net 2002. Dat war méi fréi.

(*Brouhaha général*)

► **Une voix**.- Dat war ganz rezent.

► **Une autre voix**.- Ganz rezent!

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Dir sidd net wäit genuch siche gaangen, mengen ech. Dir sidd net wäit genuch siche gaangen.

► **M. le Président**.- Sou, den Här Spautz fiert elo virun hei mat senger Interventioun.

(*Interruptions diverses*)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Da war et och nach am Escher Gemengerot, wou Leit gefrot hunn, ob et net kéint méiglech sinn, dass mer misste mat deem ganzen Dossier bis virun den Tribunal administratif goen, well esou, wéi déi Terrainen elo klasséiert wieren an ëmklasséiert géife ginn, dat wier jo awer eng ganz komesch Aart a Weis.

Léif Frëndinnen a Frënn, firwat hunn ech deen Historique gemaach? Well ech mengen, dass et wichteg ass, dass een dorop hiweist, dass do Visiounen néideg waren, fir dass dee Projet ze deem ginn ass, wat en ass, an dass vill Leit, déi deemools déi Iddien haten, belächelt gi sinn. Ech denken un de Michel Wolter; ech denken un de Fred Sunnen, deen do och vill mat dru geschafft huet deemools, fir dass déi Projeten do Realitéit ginn an dass mer elo haut alleguerte kënne soen, dass et awer eng gutt Saach ass, wat...

(*Interruptions diverses*)

...mir um Belval gemaach hunn.

► **M. le Président**.- Den Här Braz stellt lech nach gär eng Fro, Här Spautz.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Dat ass och kee Problem.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Här Spautz, bei all Sympathie, et si jo an dräi Méint Gemen-gewahlen, ech verstinn dat doten och, dass Der do probéiert, elo déi Decken e bësse bei lech ze zéien, mä ganz seriö: Hutt Der net awer d'Gefill, dass Der elo e bëssen onverschimmt iwverdreift?

Ech mengen, dass an deem heiten Dossier zën-ter zéng Joer praktesch all d'Parteien, iwwre-gens an all de Gemengeréit, déi betraff waren, zu Esch wéi zu Suessem, all d'Parteien - an all hir kritesch Froen a Remarquen hunn de Projet verbessert, net verschlechtert -, dass mer hei wierklech, och wa mer zéng Joer zrëckkucken, alleguerte kënne soen, dass mer alleguerte Mé-riten hunn. Déi Aart a Weis, wéi Dir elo wëllt hei d'Mérité bei d'Säit vun der CSV zéien, fan-nen ech, éierlech gesot, e bësse penibel.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat ass typesch CSV.

(*Hilarité*)

► **Une voix**.- Dat ass typesch!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ech fannen et e bësse penibel.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Mir kenne se dach!

► **M. le Président**.- Hei, den Här Braz huet elo d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Mir kenne se dach!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- A fannt Der net awer, Här Spautz, dass Der dem Succès vum Projet an Zukunft net méi géift déngen, wann Der do géift weider bei deem bleiwen, wat wierklech während zéng Joer d'Realitéit war?

► **Une voix**.- Très bien!

(*Interruptions*)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Här Braz, mir sinn eis jo awer eens, dass et den Här Wolter war als Innenminister, deen de Masterplang hei ver-trueden huet, an dass et den Här Sunnen war als Rapporteur, deen de Projet hei virgedroen huet. Si mer eis do eens?

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- An dat geet duer, fir dass Dir mengt, et hätten der nëmmen zwee Stéck dru geschafft?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, neen. Dat hunn ech net gesot.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ma dann haalt dach op domadder! Fuert elo weider an haalt op...

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech hu gesot, dass si zwee grouss Mériten dorop hunn.

(*Interruptions*)

Dat hunn ech gesot. Mä Här Braz, Dir hutt jo d'Chance, Dir gitt net mat an d'Gemenge-wahlen, dofir braucht Der...

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Raison de plus.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Voilà!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Raison de plus. Ech ka fräi driwwer schwätzen. Raison de plus.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ma da kënnt Der jo herno driwwer schwätzen. Den Här Huss léisst lech bestëmmt...

► **Une voix**.- Dir net!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn...

► **M. le Président**.- Sou! Den Här Gibéryen stellt och elo nach eng Fro, an da fiert den Här Spautz emol virun, soss komme mer net vun der Plaz!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech wollt den Här Spautz froen, ob en och nogekuckt huet, wat sengerzäit d'CSV-Ministeren heibannen de-klaréiert hunn, wat d'Sanéierung vun deem Site géif kaschten an déi d'Arcelor géif bezuelen, a wéi vill datt d'Allgemengheet huet herno mis-sen derfir bezuelen.

(*Interruptions diverses*)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Also, ech kann lech just soen, ech kann lech hei dee ganze Fi-nanzbericht virleeën, deen deemools gemaach ginn ass. Mä ech gi jo awer dervun aus, Här Gibéryen, Dir wëllt och nach eppes soen, wat da mat deene Chifferen a mat deenen Op-träg...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech hunn lech eng Fro gestallt.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ma neen, ech soen lech jo...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Sot mer d'Chif-feren.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech hunn lech dee ganzen Dossier hei...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ma da sot mer d'Chifferen. Sot mer d'Chifferen, wat d'Sanéie-rung d'Allgemengheet kascht huet. Dir hutt jo alles nogesicht, dann hutt Der dat bestëmmt fonnt.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech hu verschidde Saachen nogesicht.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Awer net alles, wéi et schéngt, hein!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, net alles.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Aaahhh!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Här Gibéryen, et sinn insgesamt 21 Projeten. Mir sinn nach net...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat do wier awer... Et ass awer keen onwesentleche Facteur gewiescht.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Mir sinn awer nach net an der... Mir sinn eréischt an der Hal-schent ukomm mat de Projeten.

(*Interruptions*)

► **M. le Président**.- Hei elo! Ech géif lech elo wierklech bieden, dem Här Spautz nozelausch-teren.

(*Interruption*)

Den Här Bausch. Dat ass awer elo wierklech déi lescht Fro, an da fiert den Här Spautz virun. Här Bausch, wann ech gelift.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Neen, Här President, ech muss awer soen, ech fannen, den Här Gibéryen huet awer Recht, déi Fro ze stellen, well vill vun deene Kritiken, déi dee-mools komm sinn, an déi kritesch Awänn sinn dowéinst komm. Dann hätt den Här Spautz dat awer och missen éierlechkeetshalber soen, res-pektiv da soll en eis de Chiffer soen, wéi vill datt dat da war, wat dat d'Allgemengheet kascht huet.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Dat ass d'Fro!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Dat ass jo eng Fro. Ech fannen et awer berechtegt, datt mer dorop eng Äntwert kréien. Well dat waren d'Kritiken, déi déi Zäit komm sinn.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech sinn och iwverzeegt, datt den Här Spautz et fonnt huet.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Oh, Här Gibéryen, Dir hutt esou vill Zoutrauen a mech.

(*Hilarité*)

Dat ass einfach - wéi soll ech dat soen? - on-bezuelbar!

Also, déi ganz Previsiounen: Deemools war e Méijoresplang opgesat ginn, wat all déi Inves-tissementer géife maachen. An Dir wësst esou gutt wéi ech, dass och déi Chiffere vun dee-mools, déi 2002 gestëmmt gi sinn, an der Të-schenzäit och hu missen ugepasst ginn.

Mä elo zrëck zu Belval. Fréier hunn op Belval d'Heichiewe gedämpft, an Zukunft wäerte Käpp dämpfen. Och dat waren Aussoen, déi heiban-nen an der Chamber gemaach gi sinn. D'Uni Belval, wat ass d'Uni Belval? Ech mengen, fréier hunn d'Leit sech identifiziéiert mat Belval, wat d'Schmelz ubelaangt. Eis Pappe sinn op d'Schmelz gaangen op de Belval, an eis Kanner wäerten an Zukunft op d'Uni goen op Belval. An déi wäerte sech och domadder net méi kënne virstellen, dass do eng Kéier an der Zäit iwver 8.000 Leit op deem Site Belval geschafft hunn. An Zukunft sollen, laut dem Masterplang vun deemools, och iwver 8.000 Leit op deem Site wunnen.

Ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer et fäerdeg bréngen, dass déi Industriebrooche re-valoriséiert ginn. An haut kann een net méi vu Brooche schwätzen. De Lucien Clement huet et gesot, mir waren och als Kommissioun e puer-mol sur place, a verschidde Kollege waren och derbäi, wéi déi eng oder déi aner Projekte ge-start gi si vum Bauteminister. Déi Entwécklung, déi um Belval geschitt: All Dag, wann Der dohinner fuert, ass et anescht, all Dag, wann Der dohinner fuert, gesäit et aneschters aus.

Deen eenzege Problem, deen nach heiansdo ass: dass een net weess beim Zougank vum Site - wou et och gutt ass, dass elo ganz vill dru ge-schafft gëtt -, wann heiansdo de Problem be-steet, fir en Zougank mam Auto op dee Site ze hunn, well do vill Leit sech heiansdo d'Fro stellen: Sinn ech elo schonn an der Gewan oder sinn ech wierklech amgaangen, op dee Site ze kommen?

(*Interruption*)

Och do konnte mer eis déi leschte Kéier, wéi mer als Kommissioun dohinner waren, iwver-zeegen, dass do amgaangen ass, eppes ge-maach ze ginn, an dass och do d'Entrée fir dee Site ëmmer besser wäert ginn.

E grouse Punkt, dee sech awer ëmmer nach stellt, dat sinn déi éischt Aktivitéiten, déi do stattfonnt hunn - ausser der Privatinvestitioun vun enger grësserer Lëtzeburger Bank -, dat ass, wéi an de Soufflanten, an där Hal, déi Aus-stellung „All we need“ war, wat doudsécher ganz interessant war a wat och vill derzou bäi-gedroen huet, dass d'Leit sech konnte mat deem Site vu Belval identifiziéieren.

Och duerno, wéi d'Rockhal komm ass, ass et virun allem eis Jugend: Wann déi Leit fréier mam Zuch op Belval-Usines gefuer sinn, esou sinn et haut d'Kanner, déi op Belval-Université ginn, fir duerno kënne sief et an de Kino ze goen, sief et an d'Rockhal ze goen; wou och domadder eppes gemaach ginn ass, fir dass den öffentlichen Transport deen Zougank huet, fir op dee Site ze kommen. Wat och ganz wichteg ass a wat och herno eng ganz grouss Bedeutung huet, fir op de Site ze kommen, wann d'Universitéit bis do ass a wann alleguer-ten déi Studenten do sinn - d'Universitéit, wou de Lucien Clement jo elo haut déi dräi (veuillez lire: véier) Projekte virgestallt huet, wou mer ins-gesamt 237,2 Millioun wäerten investéieren.

Et ass awer och wichteg, déi Verbindung, déi gemaach gëtt: d'Uni, wat eppes Neies ass, ze-summe mat den Heichiewen, wou mer jo och hei de Projet gestëmmt hu fir d'Erhale vun den Heichiewen a fir d'Renovatioun, dass een do och gesäit, dass domadder d'Basis vum Lëtze-burger Land, déi awer mat an deenen Heich-iewe geluecht ginn ass, dass dat do bliwwen ass, an d'Entwécklung - et ass ëmmer gesot ginn: „Mir mussen d'Matière grise ent-wéckelen“ -, dass och do Lëtzebuerg déi rich-teg Décisiounen geholl huet, a) mat der Schafung vun der Uni, an och den 23. Dezem-ber 2005, wéi d'Chamber den Accord de prin-cipe geholl huet, fir en Deel vun der Uni op de Site Belval ze verleeën.

Eis Pappe sinn op d'Schmelz schaffe gaangen, eis Kanner ginn op Belval op d'Uni. Dat ass wichteg, virun allem fir eist Land. Et ass wich-teg, dass mer esou e Site hunn. Et ass awer och wichteg fir déi zwou Gemengen, fir Esch a fir Suessem, déi direkt concernéiert sinn, awer och déi Gemenge ronderëm, ob dat Monnrech oder Schëffleng ass.

Et ass wichteg fir eis am Commerce. Et ass wichteg fir déi Aarbechtsplazen, déi do geschaf

ginn. A verschiddene Leit geet et dofir och an deene Projeten net séier genuch, an heiansdo géif een am léifsten dohinner goen an et géif een eng Hand upaken, fir dass et nach méi séier virugeet. Well mir hu festgestallt, dass Projeten, déi sti vun haut op muer, a bei aneren - ech denken elo un de Bâtiment administratif - komme mer einfach net vum Fleck.

Vu dass et och do wichteg wier, dass mer och do deen néidege Stullgang géife kréien, well et domadder och wichteg ass, dass ee gesäit, dass déi Entwécklung do ass, a wat alles de Stat in-vestéiert, wat d'Privatleit investéieren an och, wat d'Universitëiten investéieren, fir dass dee Site nach méi attraktiv ka ginn.

Et stellt een och fest, dass de Commerce, wou am Ufank ganz vill Schwierigkeete waren, dass déi Geschäfte elo gutt fonctionnéieren an dass et och wichteg ass, dass se zwar nach besser un d'Fonctionnéiere kommen. A wann déi nei En-trée bis fäerdeg ass, fir op dee Site ze kommen - respektiv och bei der Liaison Micheville, wou et jo elo och erëm e bësse virugeet -, da wäert dat sécherlech derzou bäidroen, dass dee Site nach vill méi interessant gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, et ass awer och wichteg, wa mer vum Site Belval schwätzen, dat net nëmmen aus dem Kader vun der Uni ze kucken, mä och alles dat, wat vum Wunnengsbau nach geplangt ass. Dofir ass et och gutt, dass mer deemools de Prinzip vun deene Projeten alleguerten net an engem Masterplang festgehalen hunn, mä dass d'Chamber sech intensiv mat deenen eenzelne Projekte wäert beschäftegen.

Dat hei ass elo am Kader vum éischte Volet, wou dee Projet verabschit ginn ass. Mir wäer-ten elo, wann ech mech net verzielt hunn, mat de Projeten an der Halschent sinn, an déi de Stat wëles huet ze investéieren; an dass déi aner Halschent och nach wäert nokommen, an dass et wichteg ass fir d'Lëtzeburger Land, wichteg ass fir eis Kanner a Kandskanner, dass mer och widerhin a Belval investéieren, an dass et wichteg ass, dass mir och alleguerte mat derzou bäidroen, fir Belval nach méi attrak-tiv ze maachen, dofir dass et, dass mer als Chamber des Projeten och eestëmmeg solle stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Spautz. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Merci, Här Pre-sident. Léif Kolleeginnen a Kollegen, et ass net evident, wann ee vun der Musel ass a vu Beruff Metzler ass, fir datt deen e Rapport iwwert d'Rekonversion vun engem Industriestand-uert...

(*Interruption*)

...aus dem Minette muss hei an der Chamber maachen. Mä ech muss awer soen, datt de Lu-cien Clement...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...wann een op engem héije Bierg war...

(*Hilarité*)

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Här President, ech...

► **M. le Président**.- Här Berger, fuert elo virun. An ech géif lech bieden, keng Remarqué vun där doter Zort méi ze maachen!

► **Une voix**.- Ooohhh!

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Neen, ech hu se emol net richtig matkritt, Här President. Duer-fir, herno kann dann den Här Gibéryen mer se nach eng Kéier schrëftlech noginn.

Just awer, fir ze soen, Här Gibéryen, meng Vir-fahre sinn zum Deel och vun der Musel, an deen aneren Deel, deen ass eben aus dem Mi-nette. Mäi Grousspapp huet do geschafft, mä et war kee Metzler.

Wat ech awer eigentlech wollt soen, Här Pre-sident, dat ass awer, datt den Här Lucien Cle-ment hei awer e ganz gudde Rapport gemaach huet.

► **Plusieurs voix**.- Aaahhh!

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Ech wëllt him duerfir och félicitéiere fir seng mëndlech a schrëftlech Berichter an him duerfir Merci soen.

Et handelt sech hei ëm véier verschidde Rap-porten, déi mer an enger Diskussioun ze-summen hei behandeln, an dat mécht och Sënn, well et hei jo verschidden Deeler an Ele-menter vun engem grouse Projet sinn, nämlech deem vun der Cité des Sciences vu



Belval. Et ass e Projet, deem net nëmme grouss a senge baulechen Dimensiounen ass, et ass och e Projet, dee grouss a senger finanzieller Dimensioun ass, mä ech mengen, awer och e Projet, dee grouss a wichteg ass fir de Süden a fir d'ganzt Land.

Här President, et ass am Süden, an dem Minette, wou virun iwwer honnert Joer eis Grousspapp, eis Urgrousspapp de Räichtum vu Lëtzebuerg geschafen hunn, andeems se mat den Héichwien an de Schmelzen de Grand-Duché zu enger Industrienatioun gemaach hunn an e Wuelstand geschafen hunn, vun deem mer bis haut profitéieren.

Aus Belval gouf iwwer Jorzéngten ee vun de wichtige Standuerter vun där industrieller Entwécklung vu Lëtzebuerg, wou jo och nach haut Stol veraarbecht gëtt. Et war an et bleift duerfir och eng richteg Entscheedung, onofhängeg vun deene kontroverse Punkten, déi och virdrun hei kuerz vum Här Spautz opgezielt gi sinn, mä et bleift an et war eng richteg Décisioun, d'Entscheidung vun der Regierung vun 1999 bis 2004, fir dës Site an déi Frichen ze rekonvertéieren a fir op Belval erm e Stéck Zukunft vun eisem Land ze schreiwen.

Do, wou fréier mat Schweess a mat Muskele Geschicht gemaach ginn ass, soll elo an Zukunft mat Wëssen - mat „brain“, géif den Engländer soen -, mat Technologie an Innovatioun e wichteg neit Kapitel fir d'Lëtzebuerg vum 21. Jorhonnert geschriwwen ginn.

Duerfir war et och eng richteg Décisioun, fir aus Belval den Haaptsite vun der lëtzebuergercher Universitéit ze maachen. Doréms dréie jo och hei déi véier Projeten, déi mer haut diskutéieren: d'Maison de l'Innovation, d'Maison du Nombre, d'Maison des Arts et des Étudiants, de Centre de calculs an den Aménagement urbain. Dat sinn d'Schlüsselementer vun där zukünftiger lëtzebuergercher Uni op Belval, der Cité des Sciences.

Sécherlech gëtt et déi eng oder déi aner, déi vläicht mengen, datt hei vill Suen investéiert ginn - ronn 240 Milliounen - mat dësem Projet, wou een awer och nach eng ganz Rei aner Sue misst mat arechnen, ob dat elo nach d'Infrastrukture sinn, den Zuch, ob dat zum Beispill Assainissement sinn, déi sech duerch déi nei Liaison Micheville erginn.

Mä et muss een awer soen: Generell sinn dat awer gutt investéiert Suen. Dat sinn nämlech Suen, déi mer och an de Standuert Lëtzebuerg investéieren. Well et ass wichteg fir d'Attraktivitéit vun eisem Land, och op ekonomeschem Plang, datt mer nei Standbeen schafen. Wa mer zum Beispill wëlle Biotechnologien - et ass jo a leschter Zäit, wou do vill dovunner geschwat gëtt -, wa mer wëllen hei op déi setzen, wa mer op d'Fuerschung doranner wëlle setzen, da muss mer dofir och en optimaalt Ëmfeld mat der Recherche an der Uni oder mat enger Recherche a mat enger Uni ronderëm kreéieren.

D'Uni Lëtzebuerg an d'Cité des Sciences sinn zwar nëmmen een Deel vun där ganzer Rekonversioun vun der Friche Belval, mä si wäerten awer d'Haaptimpulser gi fir dee ganze Site. Duerch kommen da Start-upen, nei Entrepreneuren dohinner, Fuerscher, Professoren a Studente kommen dohinner wunnen a liewen, Geschäfte kommen dohinner, Fräizäit a Kultur, all déi Aktivitéiten, déi dann do eigentlech praktesch duerch d'Cité des Sciences mat erugezu ginn.

Hei entsteet also net nëmmen eng Cité des Sciences, mä hei entsteet en neie Quartier. Et kéint ee praktesch soen: Hei entsteet eng nei Stad.

Wa sech déi Cité des Sciences entwéckelt, da bréngt dat nei Méiglechkeete fir de Site, fir Belval, fir Esch, mä net nëmme fir déi zwou Gemengen. Den Développement vun der Cité des Sciences ass och eng Chance fir eng Rei Nopeschgemengen an aner Gemengen am Süden, an och doriwwer eraus. An et gëllt also och, déi Chancen ze notzen.

All déi Leit, déi spéider op Belval schaffen, studéieren, fuerschen - et geet Rieds vun deenen éischte Projektionen, datt dat der bis 2020 ronn 10.000 kéinte sinn -, mä op alle Fall, allequerten déi Leit, déi dann do schaffen, Business maachen, studéieren, fuerschen, déi bleiwe wahrscheinlech dann och e bëssen zu Belval selwer, eventuell fir Fräizäitaktivitéiten, fir akafen ze goen, fir ze wunnen eventuell. An dat heescht, dat zitt also eng ganz Rei aner Développementener mat sech.

Wann een also elo 240 Milliounen an déi Cité des Sciences investéiert, da muss ee wëssen, datt dat net eleng nëmmen...

► **M. le Président.**- Ech bieden Iech, dem Orateur hei e bëssen nozelauschteren.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Also, et weess een also, datt déi 240 Milliounen net nëmmen eleng do si fir déi Cité des Sciences, mä déi bewierken, datt eng ganz Rei aner Investissementer do gemaach ginn, datt aner Aktivitéiten entstinn zu Belval selwer, mä awer och doriwwer eraus an den Nopeschgemengen.

Huele mer nëmmen d'Beispill vun de Studenten: Wa Studenten do op der Uni sinn, wunne se wahrscheinlech net all op Belval. Déi gi vläicht a Studentewunnungen oder a Wunnunge ronderëm wunnen, wat dann natierlech och nämlech e positiven Effekt huet fir déi Gemengen, well da jo do och vläicht nei Besoine vu Restauratioun oder soss Aktivitéite kommen, wou eben d'Studenten da sinn.

Och muss ee wëssen - dat ass och scho virdru vum Rapporteur gesot ginn -, datt, wa mer do investéieren, dat och e Plus ënner anerem fir d'Handwierker ass, fir lëtzebuergeresch Entrepreneuren, well déi jo och do dann eng Rei Aarbechte wäerte fannen, bis datt déi ganz Cité fäerdeg ass respektiv och, wann dann nei Aktivitéiten dohinner kommen.

Ech mengen, dat sinn eng Rei Ursaachen - ech wëll se elo net all opzielen -, déi op alle Fall derzou bäidroen - respektiv déi fir eis och kloer sinn -, datt mer dann och als DP dës véier Projekte wäerte stëmmen.

Här President, Projete stëmmen ass eng Saach, mä se dann effizient ëmsetzen op dem Terrain, dat ass en aner Puer Schong. An hei hapt et op verschidde Punkten. Wat eis, der DP, am meeschte Kappzerbrieches mécht, dat ass, datt den Timing fir d'Realisatioun vun der Cité des Sciences net agehale gëtt an datt d'Regierung awer e bëssen amgaang ass Zäit ze verléieren, oder datt do e bëssen den Dossier verschleeft gëtt, verschlof gëtt.

Et muss ee wëssen: All Dag, deem hei verluer geet, ass eng wichteg Zäit, déi verluer geet fir den Opbau vun der Uni. An doriwwer eraus ass et och e verluerenen Dag da fir d'Entwécklung vun de Frichen op Belval.

Esou hu mer zum Beispill 2009, dat war kuerz virun de Wahlen, den éischte Spuestestëch fir d'Maison des Sciences gemaach. Den Här Spautz ka sech och nach erënneren. Mir souzen do schéin um Bagger, fir do ze soen: „Elo geet et lass. Hei steet elo an zwee, dräi Joer eng Universitéit.“ Mä elo leider, zwee Joer méi spët, do muss ee feststellen, datt hei nach net vill gebaut ass, datt do nach ëmmer an engem Lach gebuddelt gëtt.

Nach d'lescht Woch oder - wéini war et? - virun zwou Woche konnte mer dat am Anschauungsunterricht feststellen, wéi mer eng Visite mat der Kommissioun vun der Nohaltegkeet gemaach hunn. Et ass kloer - dat ass bedauerlech an dat wäert da wahrscheinlech och esou sinn -, datt d'Uni net 2014, wéi dat ursprénglech virgesi war, hir Diere wäert opmaachen.

Dat ass net gutt, esou Zäitverzögerungen, well dat kann zum engen de Projet e bëssen op d'Kipp bréngen. Dat ass net gutt fir de ganze Site an dat kann och dat Konzept vun der Uni benodelegen. Well, ech mengen, all Retarden, déi elo déi Cité des Sciences huet, hunn dann och negativ Auswierkungen op aner Aspekter vun der Entwécklung vu Belval, ënner anerem och d'Entwécklung vun de Commercen, de Geschäfte dohannen.

Mir hu jo héieren, an der rezenter Vergaangenheet - et war jo och an der Press -, hunn zum Beispill eng Rei Geschäfte missen zumaachen, well se sech op eng Clientèle agestallt haten, déi awer nach net um Site präsent ass an och nach net wäert an deenen nächsten zwee, dräi Joer do sinn. Wa mer also ëmmer méi Zäit verléiere mat dem Bau vun där Cité des Sciences, wäert et och eréischt méi spët ginn, datt d'Studenten, datt nei Leit dohinner kommen, sou datt also déi Geschäfte wäerte weider do schlecht dru sinn.

Ech mengen, d'Regierung muss hei wierklech vollen Asaz beweisen, fir datt et virugeet, a si muss wierklech hei aus deem Dossier - Här Minister Wiseler, Dir musst wierklech - do eng Prioritéit doraus maachen!

Mat de Gebaier, mat den Infrastrukture muss et méi schnell virugeen, net och zu Lescht, well soss den Essor vun der Universitéit Lëtzebuerg hypothéquéiert ass. Hei gëtt jo zum Deel eng nei Uni aus dem Buedem gestampft, déi schéin op de Maquetten ass, déi schéin op de Pläng ass, och dat konnte mer jo bei der Visite kucken, mä déi Uni, déi muss sech jo och nach - an dat huet manner mat den Infrastrukturen ze dinn - an Zukunft bewäerten. Déi ass an der Konkurrenz mat enger ganzer Rei anerer Unien an der Groussregioun. An och do ass et net gutt, wa mer Retarden hunn. All Retard - aus deem Point de vue, aus deem Bléckwénkel - ass och en Désavantage, fir datt d'Uni Lëtzebuerg sech kann effizient entwéckelen.

Ech wëll hei och net en détail op verschidde Froen elo agoen, wat d'Konzept vun der Uni ugeet, mä et wier awer gutt, wann een och hei géif vläicht och an der Kommissioun respektiv an anerem zoustännege Kommissioun kucken, datt een do dann och an déiselwecht Richtung zitt, datt ee wierklech och e Gesamtkonzept fir déi Uni kritt, datt een net nëmme Gebaier do stoen huet.

Et ass jo gewosst: Op Belval kënn de Siège vun der Universitéit Lëtzebuerg mat der Faculté des Sciences, de la Technologie et de la Communication, der Faculté des Lettres, des Sciences Humaines, des Arts et des Sciences de l'Éducation. Et dierf een awer och net vergiessen, datt zum Gesamtkonzept vun der Uni Lëtzebuerg och d'Faculté de Droit, d'Économie et de Finance derzougehéiert. Och do dierfe keng Retarden entstoen.

Wa mer also elo soen, mir müssen zu Belval viumaachen, solle mer dat anert och net vergiessen, well herno ass d'Uni e Ganz, an dozou gehéiert eben och déi Fakultéit. An ech mengen, bei all eiser Begeeschterung - och menger Begeeschterung, muss ech soen - fir Belval dierf also net vergiess ginn, datt awer och op anere Plazen am Land déi Dealer vun der Uni, déi ech elo erwähnt hunn, schnell musse virugeen, fir datt mer eng gesamt attraktiv Uni hei zu Lëtzebuerg kreien, datt mer kënnen mat den Nopeschinstitutione mathalen.

Här President, ech hunn duerfir och eng Motion préparéiert, déi ech dann och hei wäert déposéieren, fir eben ze soen: Kommt, wa mer wëlle wierklech eng attraktiv an eng kompetitiv Universitéit hei zu Lëtzebuerg maachen, dann dierf et net sinn, datt mer just op enger Plaz elo wierklech viumaachen, mä fir datt dann déi ganz Uni, och deen Deel, deen ebe soll dann an d'Hauptstad kommen, net vergiess gëtt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la Chambre des Députés vient d'autoriser le Gouvernement à entreprendre une nouvelle tranche d'investissements importants au bénéfice de l'Université du Luxembourg sur le site de Belval;

- rappelant que le programme gouvernemental prévoit que «Pour des raisons de proximité avec la place financière et les institutions judiciaires luxembourgeoises et européennes et en vue de pérenniser le site de la capitale, le centre de compétences spécialisé pour les domaines du droit et des finances sera localisé à Luxembourg-ville, y inclus les services de support nécessaires à son fonctionnement.»;

- considérant que l'implantation de ce centre de compétences revêt d'un enjeu stratégique pour le Luxembourg;

invite le Gouvernement à

- entreprendre dans les meilleurs délais toutes démarches utiles pour faciliter l'implantation définitive de la Faculté de droit, d'économie et de finance sur son territoire;

- lancer dans les meilleurs délais une étude pour examiner, ensemble avec l'Université, les divers besoins résultant de cette implantation sur le site actuel du Limpertsberg ou sur tout autre site approprié afin de garantir que la ville de Luxembourg puisse héberger dès 2015 et sur le long terme l'ensemble des activités de la Faculté de droit, d'économie et de finance.

(s.) Eugène Berger, André Bauler, Anne Brasseur, Fernand Etgen, Claude Meisch.

Här President, no deene méi generelle Considérations... Ech gesinn hei, d'Auer fonctionéiert net méi. Ech weess also net, wou ech dru si mat menger Zäit, mä ech mengen, et bleift mer awer nach e bësselchen Zäit.

Duerfir wëll ech nach kuerz - no deene méi generelle Considérations - zu der Cité des Sciences - zum Schluss op ee Punkt agoen, deen op den éischte Bléck méi als an techneschen Aspekt ofgedoe kéint ginn, deen awer am Gesamtkonzept vun enger Uni, mä awer och vun der Mobilitéit a vum Klimaschutz net onwesentlech ass.

Dat ass de Punkt vun de Parkplazen. 3.500 Parkplaze sollen op de Site Belval kommen, eleng fir d'Universitéit. Wa mer elo eng Projektion maachen an den éischte Jore vun - loosse mer soen, gutt geschätzt - 5.000 Studenten, da mécht dat nawell e ganz gutt Angebot fir d'Studenten. An esou eppes gëtt et eigentlech net an der Groussregioun bei deenen anerer Universitéiten. Et gëtt et net zu Tréier, et gëtt et net zu Saarbrécken, zu Metz, zu Bréissel. Dat fénn een net.

Wëlle mer also elo dann hei eng Uni am Süde maachen op Esch oder Belval, an der Géigend vun Esch, wou eigentlech awer herno am Endeffekt, géif ech soen, dat keng Verwuerzelung gëtt mat den Nopeschgemengen, mä wou dat

eigentlech do awer herno e bësselchen esou eng Insel ass, wou d'Leit da moies dohinnerkommen an owes nees fortueren, mat deene ville Parkplazen?

Well mat 3.500 Parkplazen hätt eigentlech praktesch, wéi gesot, um Ufank all Student do seng eege Parkplaz. Da kann een an der Stad wunnen, da fiert ee mam Auto dohinner, et léiert een do, et fuerscht een do, owes fiert een zréck. An da léisst een eigentlech all déi Uertschaften niewendrun, ob dat Esch, ob dat Suessem ass, ob dat Déifferdang ass, ob dat Monnerech ass, déi léisst een dann eigentlech lénks leie mam Auto. Dat heescht, et huet ee keng Ursaach, fir do dann ze bleiwen.

Dat ass och net positiv fir déi gesamt Iddi, déi Gesamtentwécklung vum Site a vun der Regioun, wou mer jo gären hätten, datt d'Leit awer e bësse méi do bleiwen. Dat ass och net am Sënn vun enger moderner Mobilitéit, déi mer ustriewen, wa jiddweree kann och schonn als Student mat sengem Auto op d'Uni kommen.

Muer diskutéiere mer zum Beispill hei an der Chamber iwwer de Klimapak. An do gëtt da gesot, mir müssen Efforté maachen, fir den CO₂ ze reduzéieren. Ech mengen, hei ass dat awer sécherlech dann net dee richteg Wee, fir 3.500 Parkplaze fir eng Uni ze kreéieren, wou dann herno all Student praktesch seng Parkplaz huet. Ech mengen, wa mer och wëlle gläwiedeg bleiwen an der Iddi vum „modal split“, fir eis Efforté vum öffentlichen Transport, dann ass dat also keng gutt Saach.

Ech ginn elo net weider op aner Aspekter an, déi och méi mam Klimaschutz ze dinn hunn. Den Här Oberweis hätt déi vläicht kënnen maachen. En huet dat och zum Deel an de Kommissioun gemaach. Mat deem ganze Konzept, dat ass eng positiv Saach, datt een do versicht, och Konzepter vun Energiespueren an erneierbaren Energien anzubringen. A wéi gesot, ëmsou méi ass dat wierklech a mengen Aen, an eisen Ae kontraproduktiv, wann een dann esou vill Parkplazen op dee Site mécht, an datt dann och am Endeffekt dat Gesamtkonzept vun der Uni a vun de Friché riskéiert, dorënner ze leiden, well d'Leit net do bleiwen an ëmmer nees schnell mam Auto vläicht méi wäit fort heemfueren.

Här President, déi puer méi kritesch Remarquen och gemaach, géif ech also den Accord vu menger Fraktioun zu deene véier Projete bréngen an nach eng Keier d'Regierung opfuerderen, wierklech hei Damp dohannert ze maachen, net lasszeloossen, fir datt wierklech d'Cité des Sciences zu Belval esou schnell wéi méiglech ka realiséiert ginn an datt dann och domadder déi ganz Friche sech kann développéieren.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Eugène Berger. An als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen, deen och en remplacement vun der Madame Mutsch wäert intervenéieren.

► **M. Roger Negri (LSAP), remplaçant Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Merci, Här President. Wéi gesot, ech wëll d'Madame Lydia Mutsch entschëllegen. Si ass verhënnert duerch en Incident, deem um Lëtzeburger Flughafen ass, an huet mech da gebieden, hir Ried hei virzedroen, déi domadder ufänkt, fir dem Rapporteur Lucien Clement en décke Merci ze soe fir säin interessanten an ausféierleche Rapport. Hien huet a relativ kuerzer Zäit véier Projete presentéiert, déi an der Realitéit awer eng ganz grouss Envergure hunn, souwuel vun der Héicht - wéi mer héieren hunn - vun den Investitiounen hier, mä och virun allem, wat hir Bedeutung fir eist Land ugeet.

De Rapporteur huet eis déi wesentlech Informatiounen zu deene véier Projeten zesummegefaast, sou dass ech an der Interventioen vun der Madame Mutsch fir eis Fraktioun zum Gesamtprojet wéilt Stellung bezéien an net méi op den Detail vun deenen eenzelne Projete wäert agoen.

Mat der Zoustëmmung zu dëse véier Gesetzesprojete kënn d'Uni Lëtzebuerg a méi konkret d'Cité des Sciences op Belval e Riseschrëtt virun. Wa mir eis an anerem Dossieren oft doriwwer bekloen, dass et net schnell genuch virugeet, dass mer ze laang plangen, ier mer ufänken ze realiséieren, da muss een op en Neits hei positiv feststellen, dass dat fir de Site Belval net gëllt. Hei gëtt un allen Ecken an Enner gebaut, wouvun d'Nohaltegkeetskommissioun sech nach rezent bei hirer Visite op der Plaz iwwerzeegen konnt.

Et gëtt geschafft, et entstinn nei Gebaier, mä virun allem entsteet op där Plaz eng nei Dynamik, vun där sech zu Lëtzebuerg nach vill erwaart an erhofft gëtt an déi och an der Groussregioun hir Spure wäert hannerloossen.



Et ass richteg: Ronderëm de Masterplang an de Gesamtprojet fir d'Revaloriséierung vum Site Belval gouf iwwert d'Jore vill an ausféierlech diskutéiert a geplangt, an oft genuch gouf et skeptesch Téin. Zu Zäiten, wou der nach vill gezweifelt hunn, dass Lëtzebuerg iwwerhaapt eng komplett Universitét géif brauchen, war et schwéier virstellbar, dass an engem vergläichsweis klengen Zäitraum e groussen Universitétscampus op Belval géif entstoen.

Et war awer derwäert, fir all déi Diskussiounen ze féieren. Un de Fortschrëtt, déi am Moment gemaach kënne ginn, an un der Ausgeräiftheet vun de Projeten, déi eis haut virleien, gesäit een, dass all déi wichteg Aspekter berücksichtegt konnte ginn an dass bei deene getraffenen Décisiounen eng beschtméiglech Komplementaritéit entstanen ass.

Ech wëll dovunner e puer Aspekter speziell ervirhiewen. Als Éischt geet et natierlech a virrangeg ëm d'Entwécklung vun eiser Universitét. Obwuel déi véier Projeten, déi eis haut virleien, trotz hirer Envergure just een Deel vun engem Ganze sinn, weise si dach ganz gutt, wéi duerch hir Vernetzung ënnereneen an och tëschent deene verschiddenen Acteuren um Site wichteg Synergie kënne gebilt ginn.

Si weisen, wéi an der Cité des Sciences Enseignement a Fuerschung aneneegräifen, engersäits mat spezifesch affectéierten Universitétsgebaier, an deene virrangeg Coursé fir Studente kënne ofgehalé ginn, an anerersäits der Maison de l'Innovation, wou de CRP Henri Tudor a Luxinnovation wäerte schaffen, dertëscht Gebailecheete mat soziale Fonctiounen, wou en informellen Austausch tëschent deenen eenzelnen Acteure ka stattfannen.

D'Maison du Nombre gëtt eng Plaz fir ze studéieren a fir ze fuerschen. Gläichzäitg gëtt e Centre de calculs integréiert, deen déi informatesch Infrastruktur fir déi gesamt Universitét zur Verfügung stellt. Dorun ugeschloss gëtt déi sougenannte Centrale du froid, déi fir d'Klimatiséierung vun de Gebaier an donieft och fir de Fonctionnement vum Centre de calculs ganz wichteg ass. Zesumme mat der Maison de l'Innovation entsteet hei e Ganz, dat vernetzt a complémentaire fonctionnéiere kann.

En anert fundamental wichteg Aarbechtsinstrument ass d'Universitëtsbibliothék, déi d'Fachliteratur zur Verfügung stellt, déi an deene verschiddene Beräicher gebraucht gëtt. Un éischter Stell fannen d'Studenten, Enseignanten, Chercheuren an dëser Bibliothék eng Basis fir hir Aarbechten an Dokumentatiounen. D'Bibliothék soll a wäert awer och fir Aussestehender an deemno och fir eng öffentlech Nutzung zougänglech sinn. Net zulescht gëtt eng breet Zesummenaarbecht mat der Nationalbibliothék unviséiert, déi jo och geschwënn en neit Gebai soll kréien.

En Universitétscampus ass net nëmmen eng Plaz, wou intensiv geschafft gëtt; et soll eng oppe Plaz sinn, wou ee sech wuelfillt. Den Aménagement vum gesamte Site muss deem Rechnung droen a Plaze virgesinn, wou d'Leit sech kënne zesumme begéinen, wou ee sech och kann hisetzen, fir ze liesen oder ganz einfach nëmme fir ze raschten. De gesamte Site muss accueillant sinn an e Gefill vu liewegem Mateneen a vu Sécherheet vermëttelen - eng Plaz, wou ee sech gären ophält, wou een zu Fouss vun engem Gebai an dat anert oder an e Park ka goen, mam Vélo fueren, déi gewuesse Quartiere ronderëm entdecke kann.

Och d'Maison des Arts et des Étudiants dréit dës Bedierfnesser Rechnung a bitt eng Plaz, wou ee kann iessen, akafen oder - firwat net? - gemeinsam Veranstaltungen organiséiere kann.

Léieren, fuerschen a schaffe solle Freed maachen. An dëst Gefill soll de Campus vun der neier Cité des Sciences am Escher Quartier Universitét gläichermoosse vermëttelen.

Här President, an deene leschte Jorzéngten hu mir eis oft beim Enseignement supérieur prioritär op déi Beräicher konzentriert, fir déi mer en direkte Bedarf haten, sief dat bei der Formation vum Léierpersonal a vun eisen Educateuren, sief dat a Relatioun mat der Banken- a Finanzplaz. Ze kuerz komm sinn dobäi ënner anerem d'Sciences naturelles an d'Grundlagefuerschung.

Mir hunn éischter d'Iddien aus dem Ausland hei iwwerholl, déi schonn hir Preuvë gemaach hunn, als dass mer selwer an engem gréissere Mooss a systematesch nei Iddien hei zu Lëtzebuerg entwéckelt hätten.

D'Cité des Sciences awer bitt an deem Kontext eng enorm Chance, fir nei Impulser ze ginn a weider un akademeschem Selbstvertrauen ze gewinnen. Et ass e gewaltge Virdeel, wann dat, wat hei schonn ervirgestrach gouf, grad net an engem Elfebeenturm geschitt, mä an engem modernen a liewege Stadquartier, wou liewen, wunnen a schaffe Spaas mécht, a Quartieren, wou Jonker an d'Schoul ginn, déi all Dag virun Ae wäerten hunn, dass Studium a

Fuerschung eppes ganz Interessantes a Spannendes ass an e konkrete Projet kann ëmgesat ginn.

Dobäi dréit dat insgesamt jo och zu engem Mentalitéitswandel hei am Land bäi, wann d'Recherche an déi nei Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien net, wéi dat leider nach ëmmer de Fall ass, als eng potenziell Gefor, mä als eppes Positives, als Chance fir d'Zukunft gesi ginn.

Haut zweifelt wuel kaum nach een drun, dass d'Uni Lëtzebuerg an eise Land nei Chancen opmécht. Mir mussen deemno derfir suergen, dass dës Institutioun all Moyenen zur Verfügung huet, déi si fir eis a fir hir eegen Zukunft brauch. Dozou gehéieren onbedéngt an ausdrécklech déi Gebaier an Infrastrukturen, iwwert déi mer haut ofstëmmen. De gesamte Bauprogramm gouf vun Ufank an esou ausgeluecht, dass an Etappe verfuer gëtt an dass um gesamte Site Ausbauméiglechkeete bestinn, jee nodeem, wéi schnell d'Cité des Sciences sech entwéckelt.

Bis elo kann ee feststellen, dass d'Zuel vun de Studenten a Chercheure sech ganz positiv entwéckelt, wat net zulescht de Verdéngscht vun engem dynamesche Rektorat an enger professioneller Gouvernance ass. Et ass ugeduecht, dass d'Uni Lëtzebuerg am Joer 2020 ronn 7.000 Studenten an 3.000 Beschäftegter huet. D'Bauprogramm sinn doriwwer eraus flexibel genuch ausgeriicht, fir sech och an Zukunft u Verännerungen upassen ze kënnen.

Fir de Site Belval bedeit dat, dass déi néideg Masse critique garantéiert ass, déi gebraucht gëtt, fir e liewegen Unisbetrieb an engem dynamesche Quartier kënne ze garantéieren.

Ech wëll an deem Zesammenhang nach eemol rappeléieren, dass et hei net nëmmen ëm den Opbau an d'Entwécklung vun enger Cité des Sciences an engem Uni-Campus geet, mä ëm e groussen urbanistesche Projet mat Modellcharakter. Et ass deen éischte groussen nationale Projet vun enger bewosster Dezentraliséierung, bei deem een daitlech gesäit, wat eng gezielte Landes- a Regionalplanung kann erreechen.

Hei kann ee sech konkret virstellen, wat mat deem extrem technesche Begrëff vun der Décentralisation concentrée gemengt ass. Eng vun den Zisetzungen ass, dass d'Leit an Zukunft ouni laang Transportweeër an engem nohaltege geplangte Quartier wunnen, schaffen, studéieren an interessante Kultur- a Fräizäitaktivitéiten nogoe kënne. Zousätzlech schafe mir déi néideg Viraussetzungen, fir e „modal split“ vu 40/60 ze erreechen, e virbildleche Parkraummanagement ze maachen an domat dem öffentlichen Transport an der Mobilité douce de Virrang ze ginn. E wichtegen Aspekt gouf op d'Energieeffizienz vun de Gebaier geluecht an op en innovative Killsystem.

Bref, all déi zukunftsorientéiert Iddien, déi fir en nohaltege an IVL-kompatibel Entwécklungskonzept onerlässlech sinn, gi bei de Projeten, déi um Belval entstinn, ëmgesat.

D'Chance, fir vu Grond op en neie Quartier ze plangen an ze entwéckelen, erlaabt et gläichermoossen, eis Virstellungen iwwer e schounenden Émgang mat eisen natierleche Ressourcen zesumme mat enger héijer Liewensqualitéit ëmzesetzen.

Dozou gehéiert, dass sech deen neie Quartier mat senger gewünschter Mixitéit besonnesch an dat bestehend a gewuessent Émfeld afüge soll. Den neie Quartier Belval ass enk verknäpft a verbonne mat deenen zwou Mengeng, op deenen hirem Terrain e läit, der Stad Esch op där enger an der Gemeng Suessem op där anerer Säit. Sou wéi et an all eise landesplanerische Konzepter gewünscht wor, féiert déi gemeinsam Entwécklung vu Belval zu enger Stärkung vun der Zesummenaarbecht vun deenen zwou Mengeng, sou dass iwwert d'Grenze vun deenen eenzelne Mengeng ewech e regionalen Entwécklungszentrum fir dee ganze Süden entstoe kann.

Wéi grouss de Potenzial vum Site Belval ass, weist net zulescht den Intérêt, deen eis franséisch Noperen dorunner weisen. Wa si laang Zäit éischter schonn eng ofvaardend Haltung ageholl haten, esou plange si och elo ganz hefteg op der franséischer Säit vum Belval mat Aménagementer an Aktivitéiten, déi vun hirer Säit och eng national Envergure hunn. Hei kënne ënner anerem ganz interessant Synergien am Ausbildungs- a Gesondheetsberäich entstoen, déi souwuel der Entwécklung vum Standuert wéi och der Populatioun an der Groussregioun wäerten zeguttkommen.

Här President, meng Fraktioun wäert deene véier Gesetzesprojeten, déi haut zur Diskussioun stinn, mat lwwerzeegung den Accord ginn, well se e wichtege Grondstee leeë fir eng positiv Entwécklung vun eiser Universitét, vun eise Land a vun der Groussregioun.

An domat soen ech lech Merci fir d'Nolauscheren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Roger Negri. Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Huss (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun, mä och als Verrieder aus dem Südbezirk an als Gemeengeverrieder vun der Stad Esch wëll ech natierlech och haut e puer Wuert soen zu dëse wichtegen neien Entwécklungen op Esch/Belval - Entwécklungen a Bauprojeten, déi fir d'Stad Esch, fir Suessem an déi aner Gemenge vum Süde vum Land an iwwer eis Landesgrenzen eraus vun onschätzbarer Bedeitung sinn, souwuel wat déi ekonomesch Rekonversioun, mä och wat déi sozialesch, sozial a kulturell Émstrukturéierung an Integratioun betrëfft.

Ech wëll awer gläich hei och nach eng kéier kuerz rappeléieren, besonnesch no der Interventioun vum Här Spautz, dass déi gréng scho ganz fréi, ufanks den 90er Joren, fir eng ekonomesch an ekologesch Rekonversioun vun de Friche-industriellen hei am Land plädéiert haten. Et war dat eise fréiere Kolleg, mä Frënd Robert Garcia, deen iwwerregens an deem Sënn och schonn 1997 an 1999 dräi detailléiert Proposition-de-loien hei virgeluecht hat.

A vun deem Moment un, wou dunn 2003 d'Décisioun gefall waren, fir aus Belval en Haaptstëtz vun der Uni ze maachen, hunn déi gréng virun allem an de Schaffen- an de Gemengeréit vun Esch a vu Suessem, ënner anere, also och mäi Kolleg Félix Braz an de Ringse Rob, ganz aktiv dobäi matgeschafft, fir dass den Unisprojet, mat allen zousätzlechen administrativen, kommerziellen oder kulturellen Infrastrukture ronderëm, méiglechst schnell aus der Planungs- an d'Realiséierungsphas géif kommen.

Mir waren och vun Ufank u ganz staark dorunner bedeelegt, fir ze erreechen, dass dee Gesamtprojet mat alle Gebaier an Infrastrukturen an eng méiglechst durabel Richtung géif evoluéieren, sief et um Gebitt vun der Notzung vun den Terrainen, vun der Mixitéit vun de Fonctiounen, vun enger verantwortlecher Mobilitéit a Parkraumgestioun oder enger méiglechst ekologescher Energieversuergung, wat grad haut an an Zukunft vun enger ëmmer méi grousser wirtschaftlecher a sozialer Bedeitung wäert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll op dës Plaz awer och net vergiessen, fir dem Rapporteur vun dësem Projet, dem Här Clement, Merci ze soe fir seng Aarbecht als Rapporteur vun dëse Gesetzer a fir säi Rapport hei op der Tribün.

Well hien hei virdrun déi bautechnesch a finanziell Aspekter vun deenen neie Gebaier mat hiren zukünftege Fonctiounen am Detail duerengeluecht huet a well och scho meng Virriedner viles iwwert dës nei Gebaier fir Uni a fir Fuerschung gesot an erkläert hunn - Stéchwierder: Cité des Sciences, Maison du Savoir, d'Maison du Nombre, d'Maison de l'Innovation, d'Maison des Arts et des Étudiants, Centre de calculs, d'Maison du Livre, dat heescht d'Universitëtsbibliothék, an esou virun -, wëllt ech als véierte Riedner lech heibannen, d'Press an d'Leit dobussen net méi domadder langweilen, fir all déi Descriptionen hei nach eng kéier ze widerhuelen.

Wichteg fir eis ass virun allem, dass mam Vote vun haut elo an an de kommende Méint endlech mat der Realiséierung vun dëse wichtegen Deelaspekter vun där neier Uni an de Fuerschungsarבעchte ka weidergefuert ginn an dass de Gesamtprojet Uni a Recherche a Wëssengesellschaft ëmmer méi schnell konkret Forme kann unhuelen.

A mir hoffen als Gréng, dass och méiglechst schnell mat aneren Deelprojeten, wéi zum Beispill der Maison de la Vie, de l'Environnement, de l'Ingénieur kann ugerappt ginn, fir dass och dës noutwendeg Ausbauprojeten an de kommende Jore méiglechst schnell kënne realiséiert ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Jean Huss (déi gréng).**- Net nëmmen aus landes- a regionalplanerischer Vue ass d'Realisatioun vun der Uni Belval mat hire complémentaire Fuerschungszentre vun zentraler Bedeitung. Virun allem och aus ekonomeschen a soziale Grënn a fir vill nei Aarbechtsplazen ze schaffen am Raum Esch, Suessem, mä och an der Südregioun insgesamt, virun allem am Intérêt vun der Zukunft vun eise jonke Leit, duerfir ass dësen Unisprojet, ass dësen décisive Schrëtt haut a Richtung vun enger Wëssengesellschaft absolut essenziell.

Wat zum Beispill den Zouwuess un Aarbechtsplaze betrëfft, sou sinn dat natierlech engersäits

nei Aarbechtsplazen am universitären an am Fuerschungsberäich selwer, absolut héich qualifizéiert Aarbechtsplazen, mä duerch déi konnex Aktivitéiten - Bau- an Entretiensarבעchten, Kommerz-, Finanzinstituter, soziokulturell Aktivitéiten an esou virun - wäerten och vill aner Qualifikatiounen an Aarbechte fir manner qualifizéiert Jonker kënne do derbäikommen.

Als Gréng si mir natierlech och frou, dass bei der Konzeptioun, der Realisatioun vun all dësen neie Gebaier relativ wäitgehend och nohaltege Kritären zum Droe komm sinn, zum Beispill am Beräich vun enger rationeller Notzung vun der Energie, vun Niddregenergiebauweisen an der Abezéiung vu regenerativen Energien.

Op esou munch aner europäesch Universitëten, déi virun 30, 40 a méi Joren no deenen deemools übleche Bau- an Energienorme gebaut goufen, dierfte jiddefalls an deene kommende Jore ganz sécher gréisser Finanzéierungsproblemer zoukommen, wann d'Pétrols- a wann d'Gaspräisser wäerten explodéieren. Fir dësen eisen Unisprojet wäert sech an deene kommende Jore jiddefalls déi virleidend energetesch Konzeptioun vun de Gebaier bezuelt maachen.

Um Gebitt vun der Mobilitéit, wou och mäi Kolleg Félix Braz sech immens drëm bekëmmert huet, hat sech...

(**Interruption**)

...den Escher Schaffen- a Gemengerot zesumme mat eise Suessemer Kollegeen och vun Ufank u ganz staarkgemaach fir méiglechst vill öffentlichen Transport, Vélos- a Spadséierweeër, fir um Terrain vun der Universitét Belval selwer, mä och an den Uertschafte ronderëm, en Autosverkéierschaos ze verhënnere.

Ech mengen hei op dës Tribün och kënne ze soen, souguer wann et vläicht nach an deenen éischten een, zwee Joer an enger lwwergangsphas wäert eng Rei Autosproblemer, Verkéiersproblemer ginn, dass mer insgesamt awer mat dem ugestriefen „modal split“, mat der Liaison Michéville engersäits, der Gare Belval, engem performante Bussystem an auszubauende Vélos- a Spadséierweeër anerersäits de Verkéiersproblem wäerten an de Grëff kréien, um Terrain selwer, mä och a Richtung Stadzentrum vun Esch, a Richtung Bieles, Suessem an aus der Südregioun eraus.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll haut elo hei, wéi scho gesot, net nach eng kéier am Detail all déi eenzel Gebaier beschreiwen - dat ass gemaach ginn -, mä just nach op e puer Punkten zum Schluss agoen: éischtens op dës nei Universitét an dësen neien an erweiterbare Fuerschungsstanduert a senger Fonctioun als neit Standbee vun enger Diversifikatioun vun der Lëtzebuurger Economie am Süde vum Land.

Do muss ech allerdéngs soen, dass, wann een de kommerziellen Aspekt ukuckt, dat heescht déi kommerziell Aktivitéiten, déi och um Site do stattfannen, dass dat aus landesplanerischer Vue allerdéngs net ganz positiv oder éischter souguer kontraproduktiv ass, wat am Moment en anere Regierungsprojet ass, deen zu Léiweng soll geplangt ginn. Ech mengen, dass do zwou Saache sech wäerte vis-à-vis stoen, an ech mengen net, dass dat eng positiv Entwécklung ka sinn.

Dovunner ofgesi ware mir awer generell vun Ufank un mat d'accord mat där relativ virsichtiger Ausso, wat d'Ausrichtung vun der Universitét Lëtzebuerg ubelaangt, och wat d'Ausrichtung vun der Fuerschung betrëfft. Virsichteg, well gesot ginn ass, mir kéinten net alles maachen, weder op Belval nach Belval an d'Stad zesummen, mä dass mer insgesamt missten e Choix maachen. Déi Ausso ass verständlech, wann een eng nei Universitét wëllt ugoen a wann een iwwerhaapt nach keng Erfahrung mat enger Universitét an deem Sënn hat oder op jiddwer Fall net vill Erfahrung mat Universitëten an deem Sënn hat.

Wat d'Fuerschung ubelaangt, sinn ech allerdéngs der Meenung, dass, wann elo do gestart soll ginn am Beräich zum Beispill vun Émwelt- a Gesondheetsfuerschung mat Beräicher wéi Systembiologie a Beräicher wéi de Genomics a Proteomics a Richtung vun enger prédictiver a personaliséierter Medezin, dat si Saachen, déi alles an eisen Ae ganz positiv sinn, déi mer och ënnerstëtzen. Ech mengen awer, dass een déi Saache kéint - kéint oder sollt - nach weider ergänzen duerch Émweltspreventiounsfuerschung, duerch Aarbechts- an émweltmedezinesch Fuerschung a Léier, zum Beispill an de Beräicher Immunologie, Allergologie, Epigenetik, genetesch Polymorphisme bei der Détoxycatioun an esou virun. Dat sinn an eisen Ae



ganz wichtig Créneauen, déi déi zukünfteg Medezinentwécklung an deenen nächsten zéng, fofzéng Joer wäerte bedéngen.

Mir mengen, datt esou eng zousätzlech Fuer-schung net nëmme sënnvoll ass, mä datt mer dozou och d'Kompetenzen hei am Land deelweis scho mindestens hätten, an datt mer do hei am Land eng interessant Nisch kéinte besetzen.

Datselwecht gëllt iwwregens am Beräich vun der Materialfuerschung, fir zum Beispill besser, méi sécher baubiologesch recyclabel Baustoffer oder Materialkomponente kënnen ze entwéckelen.

En zweete wichtige Projet - an domadder kommen ech dann erëm zréck op déi véier Projeten, déi hei virleien - ass an eisen Aen och de Projet 6256 iwwert den Aménagement urbain vum Site insgesamt, wou mir dës Konzeption vu Buedembelägg, vu Waasserbasengen a Waasserfontainen, vun Espaces publics mat Sëtzbänken, Belichtung a geplangte Wantergärt nëmme kënnen begrëssen.

D'Unisgebaier selwer, mä och dës Aménagement wäerte ganz sécher an de kommende Joren en immensen Attraktiounspôle gi fir d'Leit net nëmme hei am Land, mä och fir vill auslännesch Visiteuren. A wann et eis da geléngt, an Zesummenaarbecht mat de Gemengen, déi ronderëm leien, mat Pro-Sud a mat all de Gemengen, déi am Minette do sinn, wann et eis geléngt, dann dat ze verbannen, déi Attraktivitéit ze verbanne mat eisen Naturlandschaften am Minette an och mat eiser Culture industrielle, déi mer do entwéckelt hunn, da mengen ech, datt mer de Süde vum Land och touristesch kënnen ganz staark weiderentwéckelen, wat e weidere positiven ekonomeschen a soziale Plus wier fir déi ganz Region.

Drëtt Remarque: Sou wéi an de vergaangene Jore wäerten och an de kommende Joren d'Gemengen, virun allem Esch a Suessem, mä och anerer, gefuerdert bleiwen, fir datt et zu enger positiver Integratioun vun dësem wierklech groussen Unisprojet an déi ekonomesch, kulturell a sozial Landschaft vun eise Gemenge wäert kommen, eng Integratioun, déi fir d'Acteuren alleguerten insgesamt nëmme ka positiv sinn, souwuel fir d'Gemenge wéi fir d'Universitéit a fir de Süde vum Land.

Et kann net sinn - ech mengen, den Här Bausch huet dat virdrun ugeschwat -, datt do reng eng Insel géif entstoën, eng Insel, déi isoléiert wier vun deem, wat ronderëm ass. Mir trieden aktiv derfir an, datt et muss zu enger positiver Integratioun sozial, soziologesch, kulturell an esou virun tëschent der Uni an deene Gemenge ronderëm kommen.

An déi véiert Remarque, dat ass déi lescht Remarque, dat ass méi eng perséinlech Remarque: Och wann ech da selwer net méi wäert hei präsent sinn, fir doriwwer nach mat ofzestëmmen,...

► **Plusieurs voix.** - Ohh!

► **M. Jean Huss** (*déi gréng*).- ...sinn ech awer, an ech hat dat virdru scho gesot,...

► **Une voix.** - Mam Häerz derbäi!

► **M. Jean Huss** (*déi gréng*).- ...sinn ech awer ganz aktiv dorunner interesséiert, datt och déi weider Ausbauprojeten, vun deenen ech virdru geschwat hunn, och méiglechst séier entwéckelt ginn, datt déi méiglechst séier an déi zoustänneg Kommissiounen kommen an datt mer virun 2020 dann herno am Raum Esch eng komplett Universitéit wäerten do stoen hunn. Dat ass a mengen Aen e wichtigen, wann net de wichtigste Feiler vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun hei am Land.

Mir stinn op jiddwer Fall als Gréng ganz positiv do derzou an duerfir wäerte mer och derfir stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Jean Huss, an als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll vun eiser Säit aus och fir d'Éischt dem Kolleeg Lucien Clement Merci soe fir déi mëndlech wéi schréfftlech Rapporten zu dëse véier Projeten, déi haut hei zur Diskussion an zum Vote stinn.

Ech mengen, och wa mer dat an engem Mët-teg an an engem Siess hei maachen, sou ass dat dach awer eng important Investitioun, déi haut hei gemaach gëtt, an dat an zweefacher Hisiicht: engersäits, wat de finanziellen Impakt ubelaangt, mat ëmmerhin 237 Milliounen Euro,

wat awer an ale Frangen 9,5 Milliarden ausmécht, déi hei haut votéiert ginn an der Chamber, fir ze investéieren. 9,5 Milliarden, dat ware sengerzäit - an dat ass jo schonn e bëssen zréck -, kéint ee soen, zwee Pei-Muséeën, déi mer haut investéieren an d'Zukunft vun eisem Land.

Et ass awer och eng Investitioun an d'Wëssensgesellschaft, et ass eng Investitioun an d'Zukunft vun eisem Land, an et ass eng Investitioun, déi sécherlech eise Betriber zeguttkënn, déi hei sécherlech vill Aarbecht fannen, déi eiser Ekonomie och wäert an dëse schwierigen Zäiten, wou mer am Abléck drasin, weiderhëlfen, fir kënnen eis Betriber weiderhin ze beschäftegen.

Duerfir wëll ech och direkt vun Ufank u soen, datt et vun eiser Säit aus duerfir och nëmme normal ass, datt mer och wäerten d'Zoustëmmung zu dëse véier Projekte bréngen.

Ech mengen, d'Cité des Sciences vun der Uni Lëtzebuerg, déi elo op d'Frichë vun ARBED/Belval kënnt - et brauch een net méi elo dës Projeten am Detail unzegoen. De Kolleeg Clement huet dat schonn am Detail virgestallt, sou datt een dat kann iwwersprangen.

D'Cité Belval, déi hëlt elo lues awer sécher Formen un. Et war laang eng Zäitchen, wou ee konnt vun de Frichë schwätzen, datt se net richtig un d'Rulle komm sinn. Mir kennen allequerten déi Problemer, déi sech do presentéiert hunn, souwuel an der Geschäftswelt wéi am Wunnengsbau, déi nach net ganz behuewe sinn.

Sécherlech ass haut net dat Liewen op deem Site, dat ee muss hunn, fir eben hei kënnen déi Geschäftswelt an d'gesellschaftlecht Liewe fonctionnéieren ze loossen. Mä spéitstens dann, mengen ech, wann d'Uni eng Kéier bis op deem Site implantéiert ass, kann ee soen, ass definitiv d'Liewen op de Frichë vun ARBED/Belval hiergestallt.

Bis dohinner wäerten och nach eng Rei aner, souwuel administrativ wéi kommerziell Investitiounen gemaach ginn, a bis dohinner wäerten och nach eng ganz Rei, e puer Dausende vu Leit hire Wunnsätz op déi Frichë verluecht hunn, sou datt dann do wierklech e Quartier entsteet, dee sech wierklech weise léisst an dee kann eegestänneg eng Energie entwéckelen, déi dem ganze Süde wäert zeguttkommen.

Et ass e wichtige Projet fir de Süde vum Land, Frichen, déi op dem Terrain leie vun de Gemengen Esch a Suessem. Ech mengen, dee gréissten Deel läit souguer op der Gemeng Suessem, wa mer dat richtig géife kucken.

A wann een och weess, datt dës Uni, wéi mer se hei an der Chamber deemools gestëmmt hunn, och kritesch net nëmme hei an der Chamber, mä och an der Öffentlechkeet diskutéiert ginn ass, esou si mer eis haut awer alleguer - mengen ech - heibannen eens an iwwerzeegt, datt dee Vote, dee mer deemools geholl hunn, datt dat schonn e richtige Vote war, fir hei zu Lëtzebuerg eng Uni ze maachen. A well mer och gesinn déi Entwécklung, déi d'Uni mat sech bréngt, a wat fir een Notzen datt se fir eis Ekonomie huet, wat fir een Notzen datt se och fir d'Wëssensgesellschaft hei an eisem Land duerstellt, da kënnen mer eis alleguerten nëmme op d'Schëller klappen, datt mer viru Joren där Uni Lëtzebuerg hei alleguer zougestëmmt hunn.

Op de Frichen, wann d'Uni eng Kéier wäert bis bezu sinn, da sinn do Dausende vu Studenten, déi do an d'Schoul ginn an déi dann och wäerten do liewen oder och an der Géigend dovunner liewen. An ech mengen, hei ass et enorm wichtig, datt een dat och mat engem positiven, mat engem objektive Bléck kuckt.

Et gëtt vill Leit, virun allem och an der Geschäftswelt, a vläicht do méi berechtegt wéi an anere Kreesser, déi Angscht hunn, datt, zum Beispill wann déi Frichen op Belval eng Kéier komplett fonctionnéieren, virun allem wat d'Geschäftswelt ubelaangt, da kéint negativ Konsequenze fir d'Escher Geschäftswelt hunn, déi et haut jo schonn net einfach huet, och vis-à-vis vun anere Grande-surfaces, déi an deem Beräich oder an deem Rayon ronderëm Esch an deene leschte Joren entstane sinn.

Hei ass et also wichtig, datt een och als Esch versicht, déi Connexion hierzustellen, fir datt déi Leit, a virun allem hei och déi Studenten, déi eben do op deem Site sinn, wat, wéi gesot, e puer Dausend Stéck kënnen ginn, datt een déi esou an d'Sociétéit integréiert, an déi kulturell Sociétéit, a virun allem dann och an där Hisiicht Investitiounen zu Esch, Suessem an an aneren Nopeschgemenge mécht, fir datt och do Liewen entsteet. E Liewen, wat bei enger Uni normal ass a wat och vun de Studenten verlaangt gëtt, fir hir Fräizäit och kënnen am Süden nützlich ze verbréngen.

Selbstverständlech ass och den öffentlichen Transport hei gefuerdert, fir datt déi och kënnen

vun der Stad profitéieren an och kënnen séier an d'Stad kommen. Mä ech mengen, et ass awer un deene Gemenge ronderëm dës Universitéit, och hei Investitiounen ze maachen an Aktivitéiten ze lancéieren, fir eben dat Studenteliewen am Süde vum Land ze fördern. Ech sinn iwwerzeegt, datt domadder kann eng Renaissance och am kulturelle Liewen entstoën, wa mer wierklech dat verstinn, déi Studenten esou doranner ze integréieren.

Et ass natierlech wichtig, datt mer dann och higin, datt mer deen néidege Wunraum schafe fir d'Studenten. Hei ass vum Stat aus virgesinn, datt de Stat - an et ass och schonn am-gaangen, esou Projekte lafe jo schonn -, datt vum Stat aus Studentewunnunge gebaut ginn, wat normal ass bei enger Universitéit. Mä ech mengen, et sollt een och hei higoen a méi d'Privatinitiativ encouragéieren, well wann een an aner Universitätsstied geet, do gëtt et wuel déi öffentlech Studentewunnungen, mä mir gesinn awer och, datt ganz vill Privatleit do Wunnungen u Studente verlounen.

An hei, géif ech mengen, wier et souwuel un der Regierung wéi un deene concernéierte Gemenge ronderëm de Site vu Belval, fir do och iergendwéi eng strukturéiert Organisatioun op d'Been ze stellen, déi eben engersäits de Studenten esou Wunnenge ka vermettlen an och d'Konditiounen soen, mä awer op där anerer Säit och de Privatleit, déi wierklech Plaz do-heem hunn a wëlle Studentewunnunge bei sech ariichten, datt do och vu staatlecher, vu kommunaler Säit deene private Leit gehollef gëtt, sief et um administrative Plang an, ech kéint mer souguer virstellen, iwwert de Wee vu Subside vu staatlecher Säit, fir datt och d'Privatleit méi Initiativ ergräifen, fir Wunraum do ze schafe fir Studenten, fir datt mer déi Leit och do net an engem Ghetto hunn, mä datt mer déi verdeelt duerch déi Stied ronderëm Belval kënnen do verdeelen, fir datt mer do wierklech e Liewe kréien, wat ronderëm eng Universitätsstad normal ass.

Wa mer dat alles zesumme fäerdeg bréngen iwwert déi nächst Joren, da sinn ech einfach dovun iwwerzeegt, datt mer do op ARBED/Belval, op dem Site vun de Frichë vun ARBED/Belval wäerten eppes bauen, eng Uni bauen, déi sech international ka weise loossen, déi eisem Land eng Renommée gëtt an déi op där anerer Säit och deene Studenten an deene Leit, déi do liewen, wäert kënnen eppes als positiv Ugesinnes bréngen.

Ech mengen, duerfir sollte mer an déi Richtung goen. Dat bedeit natierlech och, datt mer investéieren an den öffentlichen Transport. Et muss Verbindungsweeër hiergestallt ginn, niewent deenen, déi elo scho bestinn. Mir hu jo och schonn déi nei Gare op Belval gebaut. Mir hunn also d'Zuchverbindung. Zuchverbindungen, och där misste mer vläicht nach déi eng oder déi aner kréien. Mir hunn also och schonn Zuchverbindungen, déi optimal do sinn, mä ech mengen, et sollt een och den öffentlichen Transport, sief et de Bus, ausbauen, datt ee wierklech herno eng Connexion mat deene Gemengen direkt zum Site mécht. Selbstverständlech och Vëlospisten, Foussgängerweeër, alles dat gehéiert dozou.

Ech mengen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Projet, dee mer haut hei stëmmen, maache mer wierklech e ganz grouss Schrack an eng gutt Richtung, déi eisem Land wäert gutt zu Gesiicht stoen.

Ech wollt nach just zum Ofschloss eng Fro un den Här Minister stellen, wéinst dem Här Spautz senger Remarque, wou e gemengt huet, viru Joren hätten heibanne Leit sech kritesch vis-à-vis vun deem Projet do geäussert.

Déi Kritik ass virun allem déi Zäit drëms gaangen, wéi mer hei driwwer diskutéiert hunn, wéi de Stat déi Terraine vun der ARBED ofkaaft huet. Et war, et muss ee wëssen, an enger Gesellschaft, wou d'Leit quasi deemools, d'Propriétaires do quasi enteengt si ginn, fir enger Sidérurgie Terrainen zur Verfügung ze stellen. Elo huet d'Sidérurgie, nodeems se hiert Geld domadder verdéngt huet, déi Terraine fir gutt Geld un de Stat weiderverkaaft, a gläichzäiteg ass och an deem Pak eng Enveloppe virgesi gewiescht, déi fir d'Sanéierung vun den Terraine war.

An deemools war eng grouss Kritik, datt gesot ginn ass, dat Geld géif net duergoen. An der Zwëschenzäit hunn alleguerten déi, déi deemools sech kritesch dergéint geäussert hunn, Recht kritt, well mer wëssen, datt an der Zwëschenzäit de Stat, dat heescht d'Allgemengheet, de Steierzueler, schonn, mengen ech, mat iwwer 50 Milliounen Euro - wann ech mech ka gutt erënneren, dat war dee leschte Chiffer, dee mer an der Comexbu deennt kritt hunn - huet missen dru participéieren, fir der ARBED hir Terrainen ze sanéieren.

Wou all kleng Geschäftsmann, deen e Betrib verléisst a wou den Terrain net propper ass, op seng eege Käschten dat muss sanéieren, muss hei d'Allgemengheet Terraine sanéiere fir d'Ar-

celor, an dat net nëmme mat kleng Chifferen. Wéi gesot, et sinn elo scho 50 Milliounen doranner investéiert ginn. An ech hu sengerzäit gesot, wa mer fäerdeg sinn, wäerte mer bei 100 Milliounen landen, well an alle Projeten, déi kommen, sinn ëmmer erëm och Deeler Kreditter dran, fir dat Stéck Terrain ze sanéieren, wou dann déi nei Gebaier opgericht ginn.

Duerfir war meng Fro un den Här Minister, ech weess elo net, ob en de Chiffer kann herno aus dem Stee schloen, nennen, mä ech sinn iwwerzeegt, datt och an dëse véier Projeten... Ech war awer net, mir sinn net an där Kommissioun, duerfir, et hätt een et kënnen an der Kommissioun froen. Mä esou, wéi ech de Minister kennen, ass hien esou gentil, fir eis dann herno hei ze soen, wat dann an dëse véier Projekte virgesinn ass vu Sanéierung vun den Terrainen, déi dann derbäikommen, bei all déi aner Terrainen derbäi. An da weess och den Här Spautz genau, wéi dee Chiffer ass, wat d'Allgemengheet bei der Sanéierung vun den Terrainen hei bäidréit,...

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...an den Här Spautz ass sécherlech mir a virun allem dem Här Minister dankbar fir déi Informatioun.

(*Hilarité*)

► **Une voix.** - Dir hutt haut Gebuertsdag, Här Gibéryen, duerfir si mer brav.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Da soen ech lech Merci nach eng Kéier a bréngen d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen.

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Här President, ech däerf also dann och drun erënnere, dass mir zu deenen éischte Supportere vun enger Uni Lëtzebuerg zu Esch gehéiert hunn. Mir haten allerdéngs deemools, dat däerf ech awer och bemierken, éischer de Standuert „Terres-Rouges“, d'„Lentille Terres-Rouges“ a ronderëm am A. Firwat? Well dee Standuert direkt um Stadzentrum läit an och direkt bei engem zimlech attraktiven Noerhuelungsgebit. Ob e grouss genuch gewiescht wär, ass natierlech eng aner Fro.

Mir sinn awer och ganz zefridde mat dem Standuert Belval. Virun allem, wann et geléngt, de Campus Uni net vun der Stad Esch ze isoléieren. An ech mengen, do sinn nach eng Rei vun Efforten effektiv verlaangt.

D'Cité des Sciences, d'Haus vun der Zuel, d'Haus vum Buch, d'Haus vun der Innovatioun direkt niewent de stëlgeluechten Héichwien, dat huet natierlech e staarke Symbolcharakter. Symbol zum Beispill fir dat, wat esou geleeft als „Strukturwandel“ bezeecht gëtt. Dee Strukturwandel, deen huet allerdéngs net nëmme positiv Aspekter. An dofir ee Wuert dozou.

Um Enn schaffen op dem Site Belval wuel méi Leit wéi jeemools op der Schmelz Belval geschafft hunn. Awer et sinn net déiselwecht! E bësse vereinfacht ausgedréckt: Déi Kategorië vu jonke Leit, déi deemools op d'Schmelz schaffe gaange sinn, sinn haut zu engem groussen Deel aarbechtslos oder a prekären Aarbechtsverhältnisse. An dat däerfe mer net vergiessen, wa mer iwwert dee Strukturwandel schwätzen, deen also och seng sozial Kollateralschied huet, wann een dat esou däerf nennen.

Ech plädéieren natierlech net einfach fir „zréck an d'Vergaangenheet“. Ech mengen awer och, dass d'Héichwien als Denkmal niewent der Uni, dass dat net duergeet. Eis Ustrengungen an där Fro vum Strukturwandel missten haut an eng duebel Richtung goen.

Éischters: Mir müssen onbedéngt méi Aarbechtsplaze schafen, och fir déi Leit mat relativ weineg Qualifikatioun. Do muss och de Stat, do müssen och d'Gemengen hir Verantwortung iwwerhuelen.

Zweetens: D'Uni bitt riseg Chancen. Déi müssen awer och genotzt ginn. Virun allem eng Chance, fir zu Lëtzebuerg den allgemenge Bildungs- a Qualifikationsniveau ze erhéien. Eng Chance, fir vill méi Kanner, och aus benodeelgte Schichten, Lëtzebuerger an Ausländer, de Wee zu besserer Bildungs- a Berufschancen ze schafen. Och do sinn nach Efforté verlaangt.

A schliesslech eppes, wat mir am Zesummenhang vun der Uni relativ staark um Häerz läit. Dat ass dat, wat ee klassesch nennt „éducation populaire“. D'Uni bitt och eng nei, eng aner Chance, fir deene Leit, déi net méi an d'Schoul ginn, Weiderbildungsméiglechkeeten ze bidden, am oppenen Dialog, an engem breede Spektrum vun Themen, am Sënn, an där Form vun enger „Université populaire“, an Zesummenaarbecht mat der Uni, wou et och schonn ureegend Beispiller am Ausland gëtt.

Ech soen lech Merci.



► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Ech soen all deenen, déi sech Aarbecht gemaach hunn, dem Rapporteur, de Leit aus der Kommissioun, de Membere vun der Kommissioun, all deenen, déi hei geschwat hunn, villmools Merci fir déi Ennerstëtzung bei deenen heite Projeten.

Heiansdo ass et esou, datt 237 Milliounen sech méi schnell stëmme loosse wéi 40 oder 50 Milliounen, wann de Projet esou gedeelt gëtt an all déi Ennerstëtzung fënnt, déi en haut fënnt respektiv och an deene leschte Jore souwisou scho fonnt huet.

Ech brauch lech net nach eng Kéier ze soen, wat Dir schonn all gesot hutt, wat dat hei fir d'Regierung fir e wesentleche Projet ass. Ganz einfach, well mer hei en Deel vun eiser Zukunft vun eisem Land gestalten, spillen, soen ech, well hei steet villen um Spill, datt dee Projet, deen hei am Steen entsteet, och Liewe kritt an duerno och esou schnell wéi méiglech an der Realitéit kann eis dat bréngen, wat e versprach huet ze bréngen. Dat heescht, e Lëtzebuerg, wat méi Kompetitivitéit kritt, e Lëtzebuerg, wat méi dynamesch gëtt, e Lëtzebuerg, wat sech an d'Recherche kann aschaffen.

Déi Projeten, déi Der haut fir 237 Milliounen hutt, sinn natierlech net déi eenzeg Projeten. Et ass scho gesot ginn. Et ass och haaptsächlech dauernd vu jiddwerengem ëmmer drop gepocht ginn, datt mer misste méi schnell maachen. An do soen ech ganz kloer, ech maachen hei, an de Fonds Belval mécht hei wierklech enorm Vitesse, fir datt mer mat deene Projeten hei weiderkommen.

A fir déi Leit, déi Belval heiansdo besichen, déi d'Méiglechkeet hunn, dohinnerzegoen; all Kéiers, wann ech dohinnerkommen, an dat ass esou all Mount oder all zwee, dräi Méint, dann ass all Kéiers dee ganze Site anescht, well amgaangen ass, esou vill op allen Ecken ze geschéien, datt ech mer net ka virstellen, wéi mer et géife maachen, fir nach elo zousätzlech méi doranner ze leeën. Do gëtt mat Vollgas, mat Volldamp geschafft.

D'Maison du Savoir, d'Maison des Sciences humaines, déi sinn amgaangen, 2014 ass déi Planificatioun, fir se da fäerdeg ze hunn, fir se da fonctiounsbereet ze hunn, fir da kënnen éischt Servicer vun der Uni do ufänken ze loosse. Op där Schinn si mer drop, an ech ginn dovunner aus, datt mer déi och kënnen anhalen. Näischt weist haut drop hin, datt mer do e Problem hätten.

Vun den Héichwien hate mer eng gréisser Diskussioun och an deene leschte Joren. Och déi, déi elo op de Site ginn - an d'Chamberskommissioun war jo an der leschter Zäit do -, hu gesinn, datt se schéin agepaakt sinn, bal wéi beim Christo agepaakt ginn, well hannendru vill geschafft gëtt a well dee Projet nu wierklech och amgaang ass, emgesat ze ginn.

D'„Masse noire“, déi emgestallt ginn ass als e Centre d'accueil momentan, huet bis elo schonn 2.000 Visiteure gehat säit hirer Ouverture. De Bâtiment administratif, dee steet do, ass amgaang finaliséiert ze ginn a soll am Juli 2012 ausgelivwert ginn. De Lycée Belval, dee mécht seng Dieren am September 2011 op. Da wäerten och déi éischt Schüler op dee Site kommen. Da kréie mer nach eng aner Qualitéit vu Liewen um Site Belval selwer.

A mir halen och drop, datt zur selwechter Zäit an deeselwechten Dag, wou de Lycée Belval seng Dieren opmécht, och déi Haltestell Belval-Lycée net hir Dieren, mä hir Quaien da wäert opmaachen, well et evident ass - an do ass och drop gepocht ginn haut -, datt den öffentliche Transport op deem Site do soll, muss, wäert Prioritéit hunn. Duerfir muss och, wann esou e Lycée opgeet, deen zoustännegen Öffentlechen-Transport-Halt zur gläicher Zäit opgoen.

Den „Incubateur d'entreprises“, dee wësst Der och oder gesitt Der och, datt e ganz wäit am Bau ass: September/Oktobre 2011 ass do d'Date de livraison. An de Bâtiment vun de Biotechnen, vun der Uni soll och am September 2011 kënnen opgemaach ginn. Just fir lech ze soen, fir déi Leit, déi froen, datt soll schnell gemaach ginn, wollt ech just déi Daten nennen, fir ze weisen, wéi vill donidden um Site geschitt a wéi vill och niewent all deenen 237 Milliounen, déi mer elo haut stëmme, investéiert gëtt. Et kommen natierlech nach eng Rei aner Projeten no.

Mir haten - ech soen dat och hei, well et och évoquéiert ginn ass - eng Rei Problemer mat der Liaison Micheville, aus deem Grond vun dem Bulli, deen do louch, dee mer hu missen exportéieren. Do hate mer länger Diskussiounen an der Kommissioun driwwer. Ech si frou, datt eng Léisung do konnt fonnt ginn, déi eis

elo hëlleft, dee Projet erëm unzedeiwen, op deem Projet erëm weiderzekommen an och déi drëtt Phas vun der Liaison Micheville elo an eis Programmation eranzeginn, fir lech déi esou kuerzfristeg wéi méiglech hei an der Chamber kënnen ze déposéieren.

Här Gibéryen, Dir hutt d'Fro gestallt, wéi et mat deene Bouen ass, déi elo bei deenen heite Projete sinn. Do ass am Prinzip de System e weínege anescht. Déi Fraisën, déi ech awer elo net auswennege kennen, vun dem Transport vun deem, wat ausgegruwe gëtt, op en anere Site, si selbstverständlech an dem Projet hei dran. Par contre ass et esou, an dat war och an der Kommissioun erkläert ginn, datt déi Volumen, déi mer hei brauchen, initialemeng virgesi ginn, fir op de Saint-Esprit ze deposéieren, datt een also do déi Operatioun, déi mer bei der Liaison Micheville gemaach hunn, bei deem Projet net gebraucht, well de Volume disponibel ass, fir bei deenen heite Projeten dat esou ze maachen.

Mä d'Kommissioun krut sengerzäit de ganzen Tableau ausgedeelt mat deene Meter Kibben, déi wouhinner gi bei wat fir engem Projet. Ech hu villen am Kapp, mä net grad alles, an net all Meter Kibb vu Bulli, dee mer mussen déplacéieren.

Ech soen lech villmools Merci.

Da war nach eng Fro gestallt ginn...

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President!

► **M. le Président.**- Här Minister, erlaabt Der, datt den Här Hoffmann lech eng Fro stellt?

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Jo.

► **M. le Président.**- Här Hoffmann, wann ech gelift.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Domadder ass d'Fro awer nach net beäntwert vun där ënnerschiddlecher Uwendung vum sougenannte Verursaacherprinzip, dee bei eis an engem Gesetz steet, dem „pollueur-payeur“. Dat ass awer eng prinzipiell Fro!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Selbstverständlech, mä iwwert déi prinzipiell Fro hu mer och en long et en large an der Kommissioun sengerzäit geschwat, well et ass net fir d'Éischt, datt se gestallt gëtt. D'Äntwert op déi Fro ass, datt an de Joren 2000 e Kontrakt ënnerschriwwen ginn ass mat der Arcelor op Basis vun deenen Etüden, déi sengerzäit gemaach gi sinn, wou Plaffonge festgehalen gi sinn, wat de Finanzement vun deem engen a vun deem anere géif bedeuten.

An déi Kontrakter, déi sengerzäit ënnerschriwwen gi sinn - elo kann een dat haut contestéieren, mä sengerzäit ass dat en äme et conscience, denken ech, vun deene Leit, déi en place waren, gemaach ginn -, et sinn déi Kontrakter, wourop mir eis elo baséieren, fir de Rescht vun dem Projet esou ze maachen.

Da muss ee soen, datt de Projet jo ganz anescht evoluéiert huet, wann ee kuckt, wat sengerzäit och geplangt war, op dee Site ze bauen, a wat haut drop gebaut gëtt, well och sengerzäit nach dat Konzept vun der Uni respektiv alles, wat mer elo op deem Belval wëllen als Liewen erabrénge, guer net esou geduecht ginn ass, wéi kontraktuell déi Ofschlëss do gemaach gi sinn. Da kritt een och doduerch d'Erklärungen, firwat dee Volume haut ganz anescht ass, wéi dat sengerzäit war.

(Interruption)

Jo, sengerzäit war et initialemeng geplangt, seet den Här Braz mer, hei fir eng Industriezon ze bleiwen. Haut maache mer awer eppes ganz anescht domat. An haut respektéiere mer déi Kontrakter, déi sengerzäit ënnerschriwwen gi sinn.

Just fir op Är Fro ze äntwerten, wat dee Prinzip ass. Ech verstinn dee Prinzip. Als Ëmweltresponsabele sinn ech natierlech och derfir, fir dee Prinzip do an normale Fäll ëmzesetzen. Just hei hunn ech lech d'Geschicht erkläert, déi eis dozou féiert, datt mer an enger anerer Situatioun sinn, wéi an anere Fäll.

Ech wëll awer dann nach vläicht och e puer Saache soen iwwert dat, wat den Här Eugène Berger gesot huet, wat d'Mobilitéit um Site ugeet. Déi Zuelen, déi hie genannt huet, si richtig, mä awer net ganz richtig. Duerfir wëll ech probéieren ze erklären, wéi et u sech elo ass.

Dir hutt gesot, 3.600 Autosplazen, Parkingsplaze si fir d'Schüler do. Esou ass et awer net grad. Et sinn 3.600 Parkingsplazen net elo do a ginn och net elo gebaut, mä wa mer fäerdeg sinn, sinn déi dann do.

Elo muss ee wëssen: Wat gëtt haut gebaut? Haut ginn 1.200 Parkingsplaze mat gebaut, 400 iwwerdaachtener, 200 anerer, 600 proviso-

rescher, déi sollen dann och do sinn, wann d'Uni ufänkt, eng Uni, wou 1.000 Leit schaffen an tëscht 3.000 a 4.000 Studente wäerte sinn. Ech wëll lech just do d'Proportiounen soen. Do hu mer dann 1.200 Plazen.

A schlussendlech, wa mer fäerdeg sinn, hu mer 3.600 Parkplazen op deem Site fir tëscht 2.000, 3.000 Leit - ech weess net genau, do misst Der den Här Biltgen froen, deen lech déi Zuele méi prezis ka ginn -, tëscht 2.000, 3.000 Leit, déi do schaffen, a 5.000 bis 7.000 Studenten, déi do sinn. An duerfir géif ech gär déi Proportiounen kucken an där doter Korrespondenz, an da sinn Är Volumë ganz anescht.

Et ass en „modal split“ vu 60/40 virgesinn. Dat korrespondéiert absolut mat deem, wat hei gesot ginn ass. An do muss een awer nach derbäifügen, datt en „modal split“ vun 20% zu 80% fir d'Studente virgesinn ass. Dat ass awer net een 20/80, wou 80% mam Auto kommen, dat ass wou 80% mam öffentliche Transport kommen. Esou ass den „modal split“ geplangt bei 3.600 Parkplazen, also net nëmmen fir d'Studenten, mä fir d'Studenten - 5.000 bis 7.000 - plus 2.000, 3.000 Leit, déi do schaffen. Ech ginn lech also déi Proportiounen, an da gesäit een, wat fir eng Wichtigkeet den öffentlichen Transport huet a firwat mer all déi Effortë mussen maachen, fir den öffentlichen Transport esou hinzekréien, wéi mer dat wëllen.

Wat dann d'Motioun vum Här Berger ugeet, do géif ech gären e puer Wuert driwwer soen. Éischtens deet et mer elo leed, datt den Här Biltgen als responsabele Minister fir d'Uni net hei ass, well dat hei ass éischer elo eng Fro, déi sech un hie géif adresséieren. Ech géif also do och bieden, wann Der wëllt Detaillieren, da sollt Der dat an der Kommissioun mat him diskutéieren.

Wann ech elo kucken, wat een hei mat der Motioun soll maachen, esou mengen ech, wann ee se wëllt unhuelen, da muss ech lech awer froen, eng Rei Ännerungen dran ze maachen.

Dat Éischt, dat ass, datt een am éischten „invite“ schreiwe misst net: «pour faciliter l'implantation définitive de la Faculté de droit», mä ech géif da wierklech gär déi Termen zrëckhuelen, déi och an dem Regierungsprogramm tel quel stinn: «pour» - éischtens - «pérenniser l'implantation», well schlussendlech ass um Lampertsbiereg momentan schonn e groussen Deel vun der Uni. Mir brauchen net déi Implantatioun ze facilitéieren, well se schonn do ass.

(Interruption)

An da géif ech och net schreiwen: «la Faculté de droit», mä esou, wéi et an dem Regierungsprogramm steet: «du centre de compétence spécialisé pour les domaines du droit et des finances». Dann ass dat okay.

Dat Zweet, dat ass, do sinn ech e weínege méi onsécher, mä ech hätt dann awer och gär, datt Der mer déi Onsécherheet géift mathuelen, well ech mengen, datt d'Uni, un där et ass, déi do Etüd ze maachen, och schonn amgaang ass, ze studéieren, wat se um Lampertsbiereg brauch oder net brauch.

Sous cette réserve, datt Der dat net esou enk als Text huet, géif ech deen Text gär dann änneren, soen: «faire dans les meilleurs délais une étude pour examiner, ensemble avec l'Université,...» - mä dat kann och heeschen, datt d'Universitéit dat da mécht, déi awer libre ass, fir et ze maachen; mä ech mengen, si mussen et souwisou maachen, duerfir stéiert dat mech manner - «...les divers besoins résultant de cette implantation sur le site actuel du Limpertsberg ou sur tout autre site approprié afin de garantir que la ville de Luxembourg puisse héberger dès 2015...», also dat, mengen ech, kann ech awer net akzeptéieren, well ech weess net, wéini mir...

Si ass, Här Bettel, si ass souwisou elo scho momentan amgaang, mat ville Schüler, Studente gutt ze fonctionnéieren, esou datt een déi Fro, wéini alles an den Émbaute fäerdeg ass, net kann hei esou stellen, well ech och lech keng Äntwert kann dorobber ginn.

Donc: «...puisse héberger sur le long terme les activités du centre de compétence spécialisé pour les domaines du droit et des finances». Wa mer dat kënnen esou akzeptéieren, mengen ech, dierft keen e Problem hunn,...

► **Une voix.**- Dach!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- ...oder huet d'Regierung op jidde Fall kee Problem, fir...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Mir si flexibel, Här Minister.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**-...ënnert deene Reserven, déi ech elo gesot hunn, dat do ze maachen.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Mir si flexibel, Här Minister.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Ech soen lech Merci.

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler. Domadder wäere mer um Enn vun der Diskussioun a mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6202 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi - dat hei ass also den 6202, iwwert dee mer elo ofgestëmmt hunn - ass ugehall mat 60 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par Mme Nancy Arendt), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler (par M. Raymond Weydert), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6255.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6255 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration.

Och dese Projet ass ugehall mat 60 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler (par M. Raymond Weydert), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Scheuer), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?



(Assentiment)

Et ass also och fir dëse Projet esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6256.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6256 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

Och dëse Projet ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6260.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6260 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

Och dëse Vote ass ofgeschloss mat folgendem Resultat: De Projet de loi 6260 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par M. Félix Eischen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Question avec débat N°17 vum Här André Bauler.

► Plusieurs voix.- D'Motioun!

► **M. le Président.**- Ah, entschëllegt, jo, d'Motioun. D'Motioun, hunn ech verstanen,

do freet den Här Fayot d'Wuert nach gär dozou.

Motion 1

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, ech wollt eng Fro stellen. Am éischten Tret vum Dispositif, do steet: «sur son territoire». Ech huele jo un, dass dat «le territoire de la ville» ass? Et misst ee vläicht dat änneren, fir dass dat méi kloer ass. Ech weess net, wien den Auteur vun där Motioun ass,...

(Interruption)

...mä wann een einfach esou schreift: «invite le Gouvernement à entreprendre dans les meilleurs délais toutes démarches...» an esou weider «...pour pérenniser...» an esou weider «...sur son territoire». «Sur le territoire de la ville de Luxembourg?»

(Assentiment)

► Une voix.- Très bien!

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Gutt, dann hunn ech awer eng zweet Remarque, Här President. Mir hunn an der Commission de l'Enseignement supérieur e Gesetz virleien, wat och nach beim Conseil d'État ass an och héchstwahrscheinlech nach diskutéiert gëtt, an deem ënner anerem steet, dass d'Uni soll Propriétaire vun hiren Immobilië ginn. Wann dat Gesetz dann duerchgeet, dann huet eigentlech d'Regierung mat deene Geschichte vun Immobilien näischt méi ze dinn. Dann ass et d'Uni, déi dat soll maachen, esou dass ech mech froen, ob déi Formulatioun, déi hei drasteet, ob dat en vue vun deem Gesetz esou kann oprechterhale ginn.

Ech hunn näischt dergéint, dass et esou oprechterhale bleift, mä ech wollt dat awer just remarquéieren, dass mer hei net an eng Contradictioun komme mat deem, wat op enger anerer Säit vun der Regierung gemaach gëtt.

► **M. le Président.**- Den Här Nohaltegkeetsminister huet d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Jo, ech mengen, dat ass genau déi Remarque, déi ech och virdru gemaach hunn „sous toute réserve“: datt ech mengen, éischstens, datt d'Uni schon amgang ass ze maachen, an zweetens, datt ech mengen, datt d'Uni dat soll maachen aus deene Grënn, déi den Här Fayot gesot huet, well si Propriétaire an enger zweeter Etapp vun de Gebaier wäert ginn. Mä déi Reserv ass hei mat ugehall, hunn ech richtig verstanen, well ech elo net genau weess, wéi mer dat sollen anescht formuléieren. Mä et geet drëm, datt ee weess, wou mer do dru sinn.

Richtig ass awer och - well déi Fro ass net gestallt ginn an der ganzer Diskussioun -, datt de Stat respektiv de Fonds Belval jo elo déi hei Gebaier mécht, sou wéi dat virgesinn ass, an dann op Basis och vun deem Gesetz, wat elo bei lech do läit, wäerten déi Gebaier dann och eng Kéier vun enger Struktur, wou d'Uni sécherlech mat dran ass oder déi se leedend féiert, och iwwerholl ginn. Dat hei ass also eppes, wat mir elo fir d'Uni maachen, sou wéi et virgesinn ass.

► **M. le Président.**- Gutt, mir hunn also elo hei eng Motioun vum Här Berger virleien, wou den Här Minister proposéiert huet, verschide kleng Ännerunge virzehuelen. Den Här Fayot huet och elo nach eng kleng Ännerung virgeschloen.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que la Chambre des Députés vient d'autoriser le Gouvernement à entreprendre une nouvelle tranche d'investissements importants au bénéfice de l'Université du Luxembourg sur le site de Belval;

- rappelant que le programme gouvernemental prévoit que «Pour des raisons de proximité avec la place financière et les institutions judiciaires luxembourgeoises et européennes et en vue de pérenniser le site de la capitale, le centre de compétences spécialisé pour les domaines du droit et des finances sera localisé à Luxembourg-ville, y inclus les services de support nécessaires à son fonctionnement.»;

- considérant que l'implantation de ce centre de compétences revêt d'un enjeu stratégique pour le Luxembourg;

invite le Gouvernement à

- entreprendre dans les meilleurs délais toutes démarches utiles pour pérenniser l'implantation du centre de compétences spécialisé pour les domaines du droit et des finances sur le territoire de la ville de Luxembourg;

- faire dans les meilleurs délais une étude pour examiner, ensemble avec l'Université, les divers besoins résultant de cette implantation sur le site actuel du Limpertsberg ou sur tout autre site approprié afin de garantir que la ville de Luxem-

bourg puisse héberger sur le long terme les activités du centre de compétences spécialisé pour les domaines du droit et des finances.

(s.) Eugène Berger, André Bauler, Anne Brasseur, Fernand Etgen, Claude Meisch.

Vote sur la motion 1 modifiée

Kënnen mer déi ëmgeännert Motioun zum Vote stellen? Ech mengen, dat kéinte mer à main levée maachen. Wien ass mat där Motioun d'accord? Dat schéngt mer d'Unanimité ze sinn.

(Interruption)

Ah, den Här Hoffmann enthält sech. Gutt, dann ass domadder déi Motioun mat enger Abstenttioun ugehall. Ech ginn net dovun aus, datt den Här Hoffmann seng Abstenttioun nach eng Kéier wëllt justifiéieren.

Da kéime mer elo zur Question avec débat N°17 vum Här André Bauler iwwert de Logement encadré. Dem Auteur vun der Fro sti fënnf Minutten Zäit zou, fir seng Haaptfro ze stellen an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. An der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

2. Question avec débat n°17 de M. André Bauler sur le logement encadré pour personnes âgées

► **M. André Bauler (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ëmmer méi Leit liewen am fortgeschrattene Alter, wann d'Kanner bis aus dem Haus sinn oder de Partner verscheet ass, eleng an engem fir hir Bedierfnisser vill ze groussen Haus. Dës Wunnfläche feelen op engem Wunnengsmarché, op deem d'Demande d'Offer largement iwwerschreit.

Virun allem awer ginn dës Wunnenge fir eeler Leit mat der Zäit selwer zur Laascht: eng Laascht, well d'Haus vun der Infrastruktur hier net méi hire Bedierfnisser entsprécht; eng Laascht, well se den Entretien vun hirem Haus net méi selwer kënnen maachen; eng Laascht, well se eleng an hirem Haus liewen an de Kontakt zu hirem sozialen Ëmfeld verléieren. Eng Laascht, déi letztlech dozou féiert, datt vill eeler Leit zu Lëtzebuerg an hiren Haiser vereinsamen.

Haut sinn 18% vun der Bevëlkerung 60 a méi Joer al. Dat si ronn 93.000 Leit. 2030 wäerten et awer aller Viraussicht no 24% sinn. Dat heescht, méi wéi 150.000 Awunner an eisem Land wäerten dann iwwer 60 Joer al sinn. Dës Entwécklung muss d'Politik antizipéieren. Mir brauchen zu Lëtzebuerg spezifesch Offere fir Seniorewunnengen, fir ze garantéieren, datt d'Leit am Alter an aller Dignitéit kënnen wunnen an hir Onofhängegkeet erhalen bleift.

D'DP wëllt zesumme mat de Gemengen integrativ Offere fir Seniore schaffen, déi dat generatiounen-iwwergräifend Zesummeliewen erméiglechen. Mir wëllen alternativ Wunnforme fir Senioren, wéi zum Beispill och Senioresidenzen, schaffen a fördern. Bei gréissere Siedlungsprojete plädéiert d'DP derfir, dës alternativ Wunnforme fir eeler Matbierger mat virzege-sinn. Et heescht deemno, derfir ze suergen, datt sozial a medezinesch Dëngschter an der Noperschaft zur Verfügung stinn.

Mir als DP sinn der Iwwerzeegung, datt betreit Wunnen och engem breede Public zougänglech gemaach muss ginn, datt dës Wunnform also net nëmmen enger Minoritéit, déi iwwert den néidege Pouvoir d'achat verfügt, reservéiert därff bleiwen. Hei muss ee sech also d'Fro vun der sozialer Gerechtegkeet stellen. D'Subventionéierung muss awer un eng méi kloer Definitioun vun de Kritäre gebonne ginn. D'Subventionéierung soll spillen, wann d'öfentlech Hand am Kader vum betreite Wunnen och sozial Akzenter gesat wëllt gesinn. D'An-hale vun engem Label an den domat verbundene Méikäscht muss iwwert dee Wee belount ginn.

Dann ass d'DP der Meenung, datt den aktuelle legale Kader iwwerschafft muss ginn. Am Moment gëtt de Secteur iwwer e Règlement grand-ducal geregelt, deen op wesentlech Froe keng Äntwerte gëtt. Sou zum Beispill op d'Fro, bis wéini en eelere Mensch a betreite Wunnen dierf liewen an ab wéini en an e Fleegeheim iwwerwee gëtt a wéi dëst konkret soll ausgesinn. Déi momentan Léisung schéngt eis do absolut inappropriéiert ze sinn.

Kënn Dir lech wierklech virstellen, datt eng Persoun zu deem Zäitpunkt, wou se méi wéi zwielef Stonnen d'Woch Fleg an Usproch hält, einfach hir Wunneng muss verlossen?

Eng zukunftsweisend Politik am Beräich vum Wunne fir Seniore muss iwwerleeën an duerno entscheeden, wéi an Zukunft d'Iwwergäng tëschent dem Wunnen doheem, betreitem Wunnen, Altersheim a Fleegeheim organiséiert mussen ginn.

Wéi soll d'Altersheim vun der Zukunft aussinn? Wéi kann d'Ennerbrénge vun Leit am Noutfall an engem Fleegeheim méi rapid organiséiert ginn? Wéi kann een den eelere Generatiounen méi Planungssécherheet an dësem Beräich garantéieren?

Eis schéngt et, wéi wann d'Regierung zu dësem Zäitpunkt keng Gesamtstrategie huet, fir op dës Froen eng kohärent Äntwert ze ginn. Als Chamber mussen mer eis awer och d'Fro stellen, ob mer net méi staark an dësem Beräich musse légiféréieren, fir méi Kloeerheet an Transparenz an dëse wichtege Politikberäich ze kréien an eng fest Grondlag ze schaffen, op där sech e Marché vum betreite Wunnen zu Lëtzebuerg entwéckele kann.

Ech soen lech Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här André Bauler, an elo kritt d'Madame Familljeministesch Marie-Josée Jacobs d'Wuert.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech ka vill vun deene Saachen, déi den honorabelen Här Bauler hei gesot huet, matdroen. Mir wëssen, datt mer zu Lëtzebuerg eng Bevëlkerung hunn, déi ëmmer méi al gëtt.

Mir wëssen och, datt et e Risiko gëtt vu Vereinsamung, wann déi Leit an hiren Haiser vläicht ze vill laang bleiwen. Mir stellen awer op där anerer Säit fest, datt mer eng ganz fest an eng ganz - wéi soll ech dat soen? -, datt d'Leit et schwéier hunn, fir vun doheem fortzegoen. A wann ee selwer am Fall wier - heiansdo muss ee sech jo an déi Situatioun setzen -, da mierkt een, datt een dat och net esou schrecklech gäre selwer géif maachen. An da kann een och verstoen, datt déi eeler Leit dat net gäre maachen.

Mir haten eng Kéier virun enger engem, zwee Joer zu Ettelbréck eng Konferenz - de Jean-Paul Schaaf wor do derbäi gewiescht an den Här Bauler och - iwwer alternativ Wunnformen am Alter. Do hu mer och gemierkt, datt esou Propositionen a Projeten, déi jo do virgestallt goufen, et awer schwéier hunn zu Lëtzebuerg, fir och iwwerhaapt emol akzeptéiert ze ginn.

Mir hunn zum Beispill och d'Haus am Becheler elo zu Walfer, wat viru laange Joren ewell gebaut gouf a wat et am Ufank ganz schwéier hat, bis dunn eng Kéier eng prominent - ech wëll elo net soen, wien et wor - Damm vu Walfer an dat Haus gaangen ass. Dunn hunn déi aner fonnt, da kéinte se awer och elo dohinnergoen, wann deem seng Mamm géif dohinnergoen, da kéint hir Mamm an hire Papp och goen.

Dir gesitt also, datt dat, wat ee mengt, wat gutt wier fir d'Leit, awer ganz dacks dann herno Zäit brauch, bis et akzeptéiert ass a bis et dann och wierklech gefrot gëtt an d'Leit och dohinnerginn.

Wa vu Gemengesäit aus d'Fro kënnt, soe mer ëmmer zu de Gemengen: „Probéiert emol, eng Ëmro ze maachen, ob iwwerhaapt Intérêt vun der Gemengesäit do ass, fir iwwerhaapt esou eppes ze bauen.“ An do gesäit een dann, datt dat ganz ënnerschiddlech ass. Dat, wat mir eigentlech elo feststellen, datt ass, datt ganz vill privat Promoteuren do sinn, déi dat bauen, an datt d'Leit eigentlech léiwer hunn, si kënnen eppes kafen, wat natierlech op där enger Säit beweist, datt jo déi eeler Lëtzeburger Leit net esou schlecht dru sinn. Si hunn dat also gäre léiwer als hiert Eegentum, wéi wa se solle loune goen.

Dann op där anerer Säit awer, well Der och gesot hutt iwwert d'Reglementatioun, eng ganz Partie vu Gemengen, déi dat maachen - de Moment ass e ganz flotte Projet amgaange gebaut ze ginn zu Monnerech vun der Gemeng mat dem Fonds du Logement selbstverständlech -, déi soen awer als Konditioun dann - och eng vun deene Bemerkungen, déi Der am Ufank gemaach hutt -, fir dann och déi aner Haiser dann och fräi ze kréien.

Ech hunn am Gemeinderatsbericht gelies, datt den Här Hauptert gesot huet: „Dir musst de Leit awer e bëssen Zäit ginn, ier se do fortginn, net datt se, wann et hinnen net gefält, net méi kënnen hanneschtgoen.“ Dat sinn also esou Kritären, déi een duerchaus kann als Konditioun dorannerstellen, mä wou een awer da muss gesinn, datt dat méiglecherweis dozou féiert, datt eng Partie vun de Leit awer dann net esou séier och ginn, wéi mir géife mengen, et wier gutt fir si.

Iwwert déi zwielef Stonnen, dat ass natierlech eng Diskussioun, wou et schwéier ass. Et kann ee sech jo bal alles virstellen, mä et muss een op där anerer Säit natierlech awer och wëssen, datt och zwielef Stonne Fleegebedierftegkeet, wann et iwwer zwielef Stonnen ass, kann een an esou engem Logement net dra bleiwen. Wann dat natierlech engem säin eegent ass, dann ass et wéi doheem. Do decidéiert Dir